



Syvicol gestallt hat an där mer heimadder no-komm sinn.

Ech wëll dat och nach ergänzen duerch d'Ewechfale vum Alter vu 25 Joer, wat iwwert d'Omnibusgesetz sollt geregelt ginn. An domadder kréien d'Gemengen eng vill méi grouss Flexibilitéit, wat hir Personalgestaltung ugeet.

An dann als drëtt Element oder véiert Element schonn: Fir d'Enquête administrative vun der Police hat dee viregte Gesetzesprojekt ee Mount virgesinn. Och do ware mer eis eens, dass dat relativ kuerz ass, wann ee weess, mat wéi engen anere Problemer d'Police haut belaauscht ass. An dofir verlängere mer den Délai, dass d'Police also elo zwee Méint Zäit huet, fir déi Enquête administrative kënnen ze maachen.

An dann eppes, wat ganz wichteg ass a vläicht e bësse vergiess ginn ass an der Diskussioun, mä dat ass eng Fuerderung, déi souwuel d'Caritas ganz no un eis erugedroen hat, wat awer och vum Statsrot opgeworf ginn ass, näamlech de Fait, dass et bis elo just Lëtzebuurger waren, déi als sans abris oder sans domicile fixe konnten eng fiktiv Adress kréien. Dat gëtt elo geännert an op d'EU-Bierger ausgeweit.

Zu den Zertifikate wëll ech just soen, dass et ugeduecht ass, an dëst Gesetz gëtt eis d'Méiglechkeet, dass mer och duerch d'Land een uniformisierte Certificat de résidence wäerte kréien. Och dat ass, mengen ech, e Schratt an déi richteg Richtung, dass mer een Dokument hunn, wat an alle Gemengen d'nämlech ass. De CTIE ass amgaangen, dorunner ze schaffen. An ech si ganz optimistes, dass mer den entspreche Règlement grand-ducal d'nächst Woch kënnen an d'Prozedur ginn.

Dann d'Ännerung bei der Carte d'identité, déi zum Deel schonn ugeschwat gi sinn. Och do ass et elo esou, dass jiddwer Bierger ka bei de CTIE goen an do seng Carte d'identité ufroen. Och dat kéint d'Gemengen, ënner Ëmstänn, wesentlech entlaaschten. Bis elo war ee gezwonge praktesch, bei d'Gemeng ze goen, wann een net scho Fotoen hat.

Dann d'Aktivatioun vun de Zertifikate vu Lux-Trust kënnen och fir Jugendlecher ab 15 Joer elo gemaach ginn, selbstverständlech nëmme mam Averstännis vun den Elteren. Och dat ass, mengen ech, e Schratt an déi richteg Richtung.

An dann déi ugeschwaten Ännerunge vum Wahlgesetz. Effektiv, an Zukunft kann een och am Ausland sech androen eleng mat enger Carte d'identité. Och dat ass eng wesentlech administrativ Vereinfachung.

Här President, ech gi ganz gären zou, dass dëst Gesetz net all d'Problemer, souwuel vum Stat ewéi och vun de Gemengen, léist, wat d'Umelle vun de Leit ugeet, wou se wunnen. Effektiv brénge mer et net fäerdeg, hu mer et net fäerdegbruecht an der Vergaangenheet a brénge mer et och elo net fäerdeg, zwee gläichberechtigt Ziler ënner een Hutt ze bréngen, näamlech engersäits dat berechtigt Uleies vun de Gemengen, dass d'Leit sech nëmme kënnen do umellen, wou et och effektiv vun hirem PAG erlaabt ass, an zweetens, dat berechtigt Uleies vun der Effentlechkeet, vum Stat, fir awer ze kucken, dass all Mënsch, den iergendwou hei am Land wunnt, och repéréiert gëtt.

Déi zwee Uleissen ënner een Hutt ze bréngen, kënnert der Quadratur vum Krees gläich! Déi viregt Regierung, Här President, huet dat net fäerdegbruecht. An ech gi ganz gären zou, dass och dës Regierung dat net fäerdegbréngt.

Ech wëllt awer soen, dass, och aus Fairnessgrënn, ee muss soen, dass déi Léisung, déi elo zrëckbehal ginn ass, net déi ass, déi d'Regierung am Ufank präconiséiert hat. Mir waren der Meenung, dass de Buergermeeschter sollt d'Recht behalen, Leit vun deem Registre d'attente erëm erfzehuelen. Do si mer allerdéngs op eng Opposition formelle vum Statsrot getraff an hu missen an eng aner Richtung weiterdenken. An dat ass déi, déi schlussendlech zrëckbehal ginn ass. Ech wëllt och soen, dass déi Léisung, déi mer elo zrëckbehalen hunn, ausdrécklech vum Statsrot guttgeheescht ginn ass, an dass e souguer och nach Léisungsweeër opgewisen huet, wat d'Gemeng muss maachen, wa se effektiv mat esou engem Fall konfrontéiert ass.

Dofir mengen ech, dass, summa summarum, dat heiten e guddéi Projet de loi ass an ech hoffen, dass d'Chamber em wäert zoustëmmen. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Innenminister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mer kënnen zur Ofstëmmung iwwert d'Gesetz 6807 iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6807 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwuer an d'Resultat vum Vott ass: 39-mol Jo an 21 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi ugehall.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6807 est adopté par 37 voix pour et 23 abstentions.*

*Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.*

*Se sont abstenus: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Diane Aehm) et Laurent Zeimet.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer kommen elo zum Projet 6824, den eng Rei vu fundamentalen Ännerunge bréngt, wat d'Kierchefabricken ugeet. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorablen Här Claude Haagen.

### 9. 6824 - Projet de loi portant modification du décret du 30 décembre 1809 concernant les fabriques des églises

#### Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, ier ech un den Detail vum Projet de loi iwwert den Dekret vum 30. Dezember 1809 kommen, op den Historique, op d'Grënn, firwat et zu dësem Projet de loi vum zoustännegen Innenminister an domadder vun der Regierung komm ass, anzegoen.

Dofir ginn ech fir d'Éischt an de Regierungsprogramm, wou steet: «Les réalités sociétales requièrent une remise en cause des relations actuelles entre l'État et les cultes. Les partis de la coalition gouvernementale affirment le principe du respect de la liberté de pensée, de la neutralité de l'État à l'égard de toutes les confessions religieuses ainsi que de l'autodétermination des citoyens».

Le Gouvernement dénoncer les conventions existantes pour entamer des négociations avec les cultes, lancer une discussion sur leur financement et redéfinir les relations entre les communes et les cultes. La législation relative aux fabriques d'église sera remplacée par une réglementation qui garantira la transparence au niveau du patrimoine et des ressources des Églises».

D'Regierung huet déi Négociatiounen gefouert an d'Chamber hat den 21. Januar 2015 eng Motioun ugehall, mat där d'Regierung opgefuerdert gëtt, déi néideg legislativ a reglementaresch Ännerunge virzehuelen, fir dës Accorden ëmzesetzen. D'Resultat sinn d'Konventionen mat deene verschiddene reliéise Culen. Dëse Projet de loi ass also een Deel an eng éischt Ëmsetzung vun dësem Regierungsprogramm, an och vum enger Konvention, an dat wësst Der alleguerten, mat der kathoulescher Kierch.

Wat ass dann elo den Objet, den Inhalt vum Projet de loi 6824? De Projet de loi, woumat den Dekret vum 30. Dezember 1809 iwwert d'Kierchefabricken ëmgeännert wäert ginn, ass de 27. Mee 2015, wéi gesot, vum Innenminis-

ter déposéiert ginn. De Statsrot huet den 10. Dezember 2015 säin Avis ginn, dëst ouni Opposition formelle.

Här President, den Dekret vum 1809 betrëfft nëmmen d'Relatiounen tëschent der kathoulescher Kierch an dem Stat an de Gemengen. Mir änneren also haut e Gesetzestext ëm, wou Lëtzebuerg emol nach net onofhängeg war an een Deel vu Frankräich war. Den Dekret vum 1809 ass ee vun deenen eelste Gesetzestexter, déi nach a Kraaft sinn, souwéi nach weineg ëmgeännert zënter sengem Ursprung.

Dëse Projet de loi iwwert d'Ëmännerung vum Dekret vum 30. Dezember 1809 betreffend d'Kierchefabricke schaaft zwou vun deenen dräi Dispositiounen vum Artikel 92 vun eben dësem Dekret of. An deem Artikel gëtt et am Ganzen dräi Dispositiounen, déi eng finanziell an obligatoresch Bedeelegung vun de Gemenge vis-à-vis vun de Kierchefabricken hunn:

1. D'Gemenge mussen den Defizit vun de Kierchefabricken iwwerhuelen, wann d'Recetté vun der Kierchefabrik d'Onkäschten an domadder den Defizit net decken.

2. D'Gemenge mussen dem Geeschtlechen e Presbytère oder e Logement oder eng finanziell Indemnitéit ginn, wa se kee Presbytère oder keng Wunneng hunn.

3. An d'Gemenge mussen déi grouss Aarbechten oder Reparatiounen un de Kierchen droen.

Mat dësem Projet de loi ginn déi éischt zwou Obligatiounen iwwert d'Zurverfügungstellung vun der Wunneng vum Paschtouer an d'Iwwerhuele vum Defizit vun de Kierchefabricke gestrach. Kloer ass och, dat, well an aneren Artikelen am Dekret Prozedure beschriwwen ginn, déi sech op d'Bezuele vum Defizit an d'Bereetstelle vun enger Wunneng fir de Paschtouer bezieen, dës betreffen Artikelen natierlech och musse geännert ginn.

An der Konvention mat der kathoulescher Kierch iwwert d'Kierchefabricke gouf festgehalten, dat per Gesetz e Fong soll geschaf ginn, den d'Aufgab vun den heitege Kierchefabricke wäert iwwerhuelen an an Zukunft d'Gestioun vun de Kierchegebaier mécht. Dat soll bis spéitstens den 1. Abrëll 2017 geschitt sinn.

Et gouf an der Konvention awer och festgehalten, dat scho virun den Dekret vum 1809 iwwert d'Kierchefabricken ofgeännert gëtt, soudatt d'Gemengen net méi d'Obligatioun vum Defizit vun de Kierchefabricken an der Bereetstellung vun enger Wunneng fir d'Paschteier hunn. An der Konvention steet: «Le décret du 30. décembre 1809 sera modifié à court terme afin de libérer les communes de leurs charges relativement au culte».

Déi drëtt Dispositioun vum Artikel 92 iwwert d'«grosses réparations des édifices consacrés au culte» ass net Objet vun dësem Projet de loi, well d'Propriétéitsverhältnissen tëschent de Gemengen an der kathoulescher Kierch virum 1. Abrëll 2017 musse geregelt ginn an dann - en fonction vum Propriétaire natierlech, esou wéi dat üblich ass - wäerte spillen.

D'Chamber, wéi gesot, huet den 21. Januar 2015 eng Motioun ugehall, an där d'Regierung opgefuerdert gëtt, déi néideg legislativ a reglementaresch Ännerunge virzehuelen, fir dës Accorden ëmzesetzen. De Projet de loi ass, wéi gesot, een Deel vun där Ëmsetzung.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Ëmännerung vum Dekret vum 1809 ka mat oder ouni Konvention gemaach ginn, well et sech ëm e Gesetzestext handelt. Ëmännerunge vu Gesetzger ginn oft an dësem Haus gemaach, dëst ënnert dem Respekt vun den Aweise vun de Chambres professionnelles an dem Statsrot.

Ech kommen dann elo zu de verschiddenen Avisen - haaptsächlech zwee, well et sinn der nëmmen zwee do - zu dësem Projet de loi. Fir d'Éischt den Avis vum Statsrot.

Laut dem Statsrot ass d'Bestëmmung zu de Kierchefabricken ursprénglech en Akt vum franséische Législateur, den duerno an eis Legislatioun iwwergaangen ass. D'héicht Haus geet op de Statut vun de Kierchefabricken an, déi eng besonnesch Zort vun Établissement public sinn.

De Statsrot bestätegt a sengem Avis, dat d'Relatiounen tëschent de Kierchefabricken an de Gemenge just per Gesetz kënnen geännert ginn.

Wat d'Ännerung selwer ugeet, hätt de Statsrot et virgezunn, wann et keng Tëschenetapp ginn hätt an all Ännerungen am Kader vun der Kreatioun vun deem neie Fong stattfonnt hätten. Hien hält awer och zur Kenntnis, dat dëst Virgoe vun der Regierung esou aus deem gemeinsamen Accord ervirgeet, den an der Konvention mat der kathoulescher Kierch festgehal gouf.

De Statsrot bemängelt, dat keng genau Zuele virleien, déi et him erlaabt hätten, de finanziellen Impakt op d'Kierchefabricke respektiv op

d'Gemenge kënnen ze beuerteelen, mécht awer weider keng ausféierlech Remarquen zum Projet, well e respektéiert, dat et sech ëm eng politesch Décisioun vun der Regierung handelt.

Zum finanzielle Volet vun de Gemenge kann ee just soen, dat, wann d'Gemenge keng Obligatioun méi hunn, fir den Defizit vun de Kierchefabricken ze droen, dëst jo héchstens positiv fir d'Gemenge ka sinn. Iwwregens, wann d'Gemengen net méi obligéiert sinn, den Defizit ze droen, esou kënnen se dat nach ëmmer iwwer e Subsid maachen, wann de Gemengerot da wëllt. D'Ëmännerung vum Dekret bedeit also och eng Verstärkung vun der Autonomie communale.

Här President, d'Décisioun vun der Regierung, fir d'Relatiounen vum Stat zu de Reliounsgemeinschaften nei ze uernden, ass natierlech eng politesch Décisioun an et gëtt scho laang e parteiwwergräifende Konsens, dat dat néideg ass an datt een napoleoneschen Dekret vun 1809 net méi der Realität vun haut entsprécht. Dëst geet och aus enger CSV/LSAP-Motioun ervir am Kader vun der Debatt iwwert d'Relatiounen tëschent Reliounen an dem Stat, déi de 7. Juni 2011 hei am Haus deponéiert an ugehall ginn ass. An dëser Motioun gëtt déi deemoleg Regierung opgefuerdert, ech zitieren: «à réformer la législation datant du 30 décembre 1809 sur les fabriques d'églises». Dëst gëtt heimadder gemaach.

Och ass et de Wonsch vun de Gemengen, fir vun den Obligatiounen vis-à-vis vun de Kierchefabricken entbonnen ze ginn. An dat ass eng Fuerderung, déi ass alles aneschtens wéi nei. De Syvicol hat schonn 2012 ausféierlech Stellung zu deem Thema geholl a gefuerdert, dat dës Relatioun sollt reforméiert ginn. Dës Regierung mécht also déi néideg Reformen.

Zum eigentlechen Text vum Projet de loi huet de Statsrot, ofgesi vun e puer legistesche Virschléi, keng weider Remarquë gehat. Eng Opposition formelle vum Statsrot zu dësem Projet de loi läit, wéi gesot, net vir.

Kolleginnen a Kollegen, komme mer zum Avis vum SYFEL, also dem Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg asbl. De SYFEL schwätzt no eegenen Aussoe fir 260 vun 285 Kierchefabricken. Grundsätzlech ass de SYFEL géint de Projet de loi. De SYFEL ass fir eng Reform vum Dekret vum 1809, bei där d'Kierchefabricken erhale bleiwen a wou och weiderhin eng Relatioun mat de Gemenge bestoe bleift. De SYFEL huet op eegen Initiative e ganz ausféierlechen, ganz kriteschen Avis zu dësem Projet de loi un d'Chamber adresséiert, den d'Intérieurskommission dunn als Document parlementaire iwwerholl huet. Hei dovun am Resümee déi wichtegst Elementer:

De SYFEL ass der Meenung, dat d'Konvention vum 26. Januar 2015 net a Kraaft ass, soulaang se net als solch per Gesetz approvéiert wier.

Wat seet eis Verfassung dozou? «L'intervention de l'État dans la nomination et l'installation des chefs des cultes, le mode de nomination et de révocation des autres ministres des cultes, la faculté pour les uns et les autres de correspondre avec leurs supérieurs et de publier leurs actes, ainsi que les rapports de l'Église avec l'État, font l'objet de conventions à soumettre à la Chambre des Députés pour les dispositions qui nécessitent son intervention.» Dëse Projet de loi mécht genau dat: E setzt en Deel vun der Konvention per Gesetz ëm. A weider Elementer aus der Konvention wäerten ebenfalls iwwer Gesetz ëmgesat ginn.

Mä och ouni Konvention steet et, an dat hunn ech scho gesot, selbstverständlech der Chamber zou, och an dësem Beraich ze légiféieren. D'Parlament ass frei, en Dekret per Gesetz ëmzännern. Dës Approche gëtt iwwregens am Avis vum Statsrot iwwert d'Projet-de-loien zu de Konventionen mat de Reliounsgemeinschaften, den eis dës Woch virgeluecht gouf, guttgeheescht.

Wéi de Statsrot kritiséiert de SYFEL, dat virun der Création, der Schafung vun deem ugekënnegte Fonds nach Ännerungen um Dekret vum 1809 kommen, woubäi en awer kloermécht, dat en net mat der Schafung vun deem Fonds averstanen ass.

De SYFEL beschäftegt sech och ausféierlech mam Statut vun de Kierchen a Presbytären, déi senger Interpretatioun no zum Domaine public communal gehéieren a fir déi aus dësem Grund och d'Gemenge missten opkommen. E gesteet awer och zou, dat et am Lëtzebuergesche Recht keng Definitioun vum Domaine public gëtt. E leent et of, dat d'Gemenge vun dëser Obligatioun befreit ginn.

Doriwwer eraus weist de SYFEL op de Problem hin, dat d'Besetzverhältnissen vun de Kierchen oft net kloer sinn. Dat ass der Regierung bewosst a genau dofir huet den Innenminister d'Kierchefabricken opgefuerdert, sech mat de betraffene Gemengen un een Dësch ze setzen





a sech eens ze ginn, fir datt nom 1. Januar 2017 kann eng Base légale geschafe ginn, fir dës Problemer ze regelen. Eben aus dësem Grond gëtt och déi drëtt Dispositioun vum Artikel 92 aus dem Dekret iwwert d'„grosses réparations“ vun de Kierchegebäier net geännert.

Elo fäert de SYFEL awer, d'Kierchefabricke kéinten an der Iwwergangszäit gezwonge ginn, och déi alldieglech Ennerhaltskäschte vu Kierchen ze droen, déi duerno kloer de Gemenge géife gehéieren. Sengen eegene Wieder no géifen d'Gemengen domadder an een „rôle parasitaire“ kommen. De SYFEL geet awer net drop an, datt d'Gemenge systematesch Gebäier ennerhalen, déi ganz eleng der Kierch zur Verfügung stinn, an zwar esou laang, wéi de Culte se wëllt benotzen.

Wat d'Kierchefabricke selwer ugeet, betount de SYFEL, datt et sech ëm eng Zort Établissement public handelt an datt d'Gemeng sech net der Pflicht kann entzéien, deen ze finanzéieren, wann en net genuch eege Ressourcen huet. Et kann an den Ae vum SYFEL net sinn, datt eng Kierchefabrik net méi genuch Suen hätt, fir hir Rechnungen ze bezuelen, an datt d'Gemeng dësen Defizit net géif couvréieren. En Établissement public ka laut SYFEL net faillite goen.

Generell kritiséiert de SYFEL d'Duerstellung vun der Regierung, wat d'Envergure vun den Ausgabe vun de Gemenge fir d'Kierchefabriken ugeet. E wiert sech géint de Constat, dës Finanzement wier net transparent. Déi Zuelen, déi vum Innenminister virleien, hält en net gutt, bedauert awer op där anerer Säit, datt et net méi prezis Zuele gëtt. Generell ass de SYFEL der Meinung, datt déi Ausgabe vun de Gemenge fir d'Kierchefabriken net ganz grouss sinn, an e vergläicht d'Kierchefabriken domadder mat Sport- oder Kulturveräiner.

Zum Deel erkläre sech dës Kritiken aus der Interpretatioun, déi de SYFEL a sengem Avis zu dësem Projet de loi mécht. E geet dovun aus, datt mam Akraafttriede vun dësem Gesetz d'Gemenge verbuede kriterien, eng Subventioun un d'Kierchefabriken ze ginn. Dat berout awer op engem Mëssverständnis. Och wann d'Gemengen an Zukunft keng Obligatioun méi hunn, den Defizit ze decken an d'Wunneng vum Paschtouer ze stellen, esou steet et awer hinne weider fräi, e Subsid ze ginn.

Och d'Angscht, de Paschtouer géif vun haut op muer op d'Strooss gesat ginn, ass net berechtigt. Do, wou e Paschtouer an engem Haus vun der Gemeng wunnt, gëtt deemnächst e Mietvertrag gemaach, wat hautzudaags eng ganz normal Saach ass.

Wéi gesot, den Avis vum SYFEL ass ausféierlech, explizit, an dofir géif ech och hei net op all eenzelt Argument agoen. Fir eis als Membere vun der Intérieurskommissioun war et awer gutt, den Avis vum SYFEL ze hunn, well dat eis et erlaabt huet, e puer Mëssverständnisse ze klären an aner Punkten och zum Deel kontrovers ze diskutéieren.

Bleift och nach ze soen, datt d'Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics - en drëtten Avis - och en Avis eraginn huet, alldéngs eréischt d'lescht Woch, also nodeem mer de Rapport schohn ugeholl haten. Et ass awer net weider schlëmm, well d'Remarquen, déi do gemaach gi sinn, esou oder an äänlecher Form schonn am Avis vum Statsrot oder am Avis vum SYFEL gemaach gi sinn, soudatt sech inhaltlech um Rapport vun dësem Gesetzesprojet näischt ännert. Fir all weider technesch Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, et muss een awer ganz allgemeng soen, datt vum Tounfall hier de SYFEL der Regierung ennerstellt, si wier der kathoulescher Kierch schlecht gesënnt a géif alles drusetzen, fir der Kierch ze schueden. Et ass dofir wichteg ze rappeléieren, firwat dës Reform gemaach gëtt: Mir wëlle mat der Reform net d'Gesellschaft veränneren, mä mir passen d'Gesetzter un eng Gesellschaft un, déi sech scho laang verännert huet!

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Een Deel vun deene Gesetzter, déi mer änneren, ass wéi gesot 200 Joer al.

Mir schwätzen haut nach meeschtens vun enger Trennung vu Kierch a Stat, well et deemools nëmmen eng Kierch gouf. Haut gesäit dat ganz aneschtens aus. Enger ILReS-Etüd vun 2013 no hunn nach just 39% vun de Befroete gesot, si hätten e Lien zur kathoulescher Kierch, 4% hunn ugin, si géifen enger anerer Reliounsgemeinschaft ugehéieren, an net grad d'Halschent vun de Leit hu gesot, si hätten kee Lien zu enger Reliounsgemeinschaft. Dat heescht net, datt dës Leit all Atheisten oder Agnostiker wieren, mä 27% vun de Befroeten hunn net d'Gefill, mat enger reliéier Institutioun, mat enger Kierch verbonden ze sinn.

An engem Stat, an deem d'Reliounsfräiheet gëllt, müssen all Bierger onofhängeg vun hirer

Weltanschauung d'selwecht behandelt ginn. Dat bedeit enner anerem, datt d'kathoulesch Kierch op e puer, jo, Privilegie muss verzichten, déi se laang hat! Et bedeit awer net den Ennergang vun alle Wäerter an dëser Gesellschaft! Et bedeit, datt mer endlech unerkennen, datt zu Lëtzebuerg eng grouss Diversitéit vu Weltanschauungen besteet an datt mer méi e groussen Échange tëschent verschidde Siichtweisen brauchen, fir och an Zukunft besser zesummeliewen ze kënnen.

Et muss een unerkennen, datt d'kathoulesch Kierch an enger eegener Aart a Weis mam Stat an de Gemenge verbonden ass, déi net méi an d'Zäit passt. Dat gëtt engem besonnesch bewosst, wann ee sech den Dekret vun 1809 méi genau ukuckt. Do steet enner anerem dran, datt de Buergermeeschter d'office Member ass vum Rot vun de Kierchefabriken,...

(**Interruption par la présidence**)

Ech hunn nach fir eng Minutt, Här President!

...awer nëmmen, wann e kathoulesch ass. Dat ass bei mir net de Fall. Ech dierft also als Buergermeeschter net an der Kierchefabrik setzen. An deem Fall muss en net kathoulesche Buergermeeschter e kathoulesche Vertrieder aus sengem Gemengerot schécken.

Mir regele per Dekret respektiv per Gesetz bis haut bis an de leschten Detail, wéi ee kircheninternt Gremium fonctionnéiert! Datt dee sech no der Mass oder der Vesper trëfft, datt seng Reunioun wärend der Priedegt ugekënnegt ginn. Mir regelen och anscheinend nach haut per Gesetz, wéi d'Bänken an der Kierch opgestallt ginn, wien däerf vir setzen a wien de Masswäin an d'Hostien däerf matbréngen. Do muss et, mengen ech, jiddwerengem allichten, datt esou en Dekret net reforméierbar ass, mä ofgeschaaft gehéiert!

An da kommen ech bal zum Schluss. De Virwurf, firwat...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Jo, Dir misst och elo zum Schluss kommen, Här Haagen!

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - ...een dat net direkt mécht, ass an deem Kontext novollzéibar...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Jo! Den Här Spautz huet sech d'Wuert gefrot.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Jo, Här Spautz!

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Ech wollt just den Här Haagen froen, ob den Dekret, d'Ofschafe vum Dekret... Et ass fir mech e Statsvertrag, dee gefouert ginn ass 1809, deen tëschent deemools zwee Staten ofgemaach ginn ass, dat eent war de Vatikan, dat anert war deemools Frankräich. Gesitt Dir dat anescht? Oder wéi gesitt Dir dat mam Dekret?

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Ech kann lech just soen, datt den Dekret, dat ass jo och am Avis vum Statsrot prezisiéiert, datt dat e Gesetzestext ass an datt mer an deem Haus hei, jiddefalls soulaang wéi ech elo derbäi sinn, regelméisseg Gesetzestexter ëmännere mat Projet-de-loien oder nei Gesetzter schafen! An dat maache mer mat deem heite Projet jo och. Dofir huet d'Regierung dat jo eraginn.

Iwwregens ass dat och an der Konventioun tëschent der Trennung vu Kierch a Stat prezisiéiert. Dofir ass dat heiten eng Ofännerung vun engem besteeënde Gesetzestext, wou zwou Dispositiounen gestrach ginn an eng drëtt bestoe bleift, iwwregens dës a Verhandlung mat der Kierch, déi do och agewëllt huet, a fir ze kucken mat de Gemengen iwwert déi drëtt Dispositioun, notamment fir d'Besetzverhältnisse ze klären. Et ass also eng normal Prozedur, déi mer hei an deem Haus, géif ech soen, wa mer zesummekommen, all Dag hunn!

► **M. Marc Spautz** (CSV). - Jo. Also Dir gesitt et net als Statsvertrag?

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Firwat soll ech dat als Statsvertrag gesinn? Et ass en Dekret. Et ass eng Legislatioun.

(**Interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Här Rapporteur!

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Entschëllegt, dierft ech nach de Rapport fäerdeg maachen, wann Der wëllt? Wann Der mer nach eng Minutt gitt, soss...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Här Rapporteur, Dir sidd elo iwwerfällg an ech géif lech bieten, zur Konkusioun ze kommen!

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Jo. Ech kommen dann... Bon, ech hoffen, datt natierlech d'Kierchefabriken hei mathëllefen, fir déi Besetzverhältnisse ze klären an datt mer och dann eben esou weiderkommen.

Ech wollt nach just zum Schluss soen, datt, wann een iwwert déi ganz Konventioun oder iwwert den Dekret schwätzt, esou wéi dat och hei de Fall ass bei der Froestellung, datt d'Regierung bei all konventionéiertem Culte e festen USPriechpartner brauch.

An da kommen ech op de SYFEL zrëck. Dat ass am Fall vun der kathoulescher Kierch den Äerzbëschof. Et ass also um Äerzbëschof, fir ze decidéieren, wien hien intern consultéiert a wien hie mat a Verhandlungen hält oder schéckt. Et ass net um Stat, fir sech a kirchenintern Ausenanersetzungen ze mëschen, andeem e géif d'Roll zum Beispill vun engem Mediateur tëschent dem Äerzbëschof an de Kierchefabriken iwwerhuelen.

Zum Schluss, an dat sinn déi zwee lescht Sätz, géif ech soen, datt d'Trennung vun der kathoulescher Kierch an dem Stat och eng Chance fir déi kathoulesch Kierch ass. Fir mech ass dat an deem Sënn och e Bewäis, datt eng modern Lëtzebuerger Gesellschaft sämtlech reliéis Culté respektéiert an och sämtlech Choixen vun de Bierger an eiem Land, wat hir Astellung vis-à-vis vun de Reliounen sinn.

Dofir ass fir eis natierlech ganz kloer, datt dës e ganz wichtege Projet de loi ass, deen, wéi gesot, e Gesetz vun 200 Joer ëmännert. Dofir soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren an...

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - War dat do elo de Rapport oder d'sozialistesche Interventioun?

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Dat war de Rapport, muss ech lech soen, well déi doten Diskussiounen sinn näamlech och an der Kommissioun gefouert ginn, datt een natierlech am Rapport och kann dorobber agoen, wat verschidde Saachen sinn...

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Et däerf een awer net vun „eis“ schwätzen.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Här Wiseler, ech denken net, datt Der kënnt e Problem domat hunn, datt den Dekret 200 Joer al ass!

(**Brouhaha**)

► **M. Claude Wiseler** (CSV). - Kuckt Äre leschte Saz no, da wësst Der, wat ech mengen!

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*. - Jo! An et bleift awer 200 Joer al!

(**Exclamations**)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Bravo!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - 21!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Jo, Dir hutt ganz recht, Här Gibéryen. An Dir wësst, wéi dat hei an der Chamber esou leeft. Wann ee Flexibilitéit vis-à-vis vun deenen enge weist, da weist ee selbstverständlech och Flexibilitéit vis-à-vis vun deenen aneren. An ech...

(**Interruptions**)

An opgrond vun deem, wat den Här Wiseler gesot huet, ech mengen, de Rapport an den Oflaf vum Rapport, deen ass ganz kloer an eiem Reglement festgehalen. Dofir ass et gutt, wa mer dat Reglement heiansdo consultéieren.

Merci gesot. An deen nächste Riedner ass d'Madamm Diane ADEHM fir d'CSV.

**Discussion générale**

► **Mme Diane ADEHM** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg geet et am Gesetzesprojet 6824 ëm eng Emännerung vun den Obligatiounen vun de Gemenge géintwuerd de Kierchefabriken an de Paschtéier. Konkret heescht dat, dass d'Gemengen an Zukunft net méi müssen den Defizit vun de Kierchefabriken decken. Si däerfen et awer weiderhi maachen. D'Gemenge müssen och net méi dem Paschtouer eng Wunneng zur Verfügung stellen, mä si däerfen et weiderhi maachen.

Dem Rapporteur Claude Haagen wëllt ech Merci soe fir säi Rapport, deen hien eis haut de Mëtteg gemaach huet iwwert dës Gesetzesprojet.

Här President, ier ech an den Detail ginn, wëllt ech e puer allgemeng Iwwerleeunge maachen iwwert d'Gesetzgebung iwwer eis Kierchefabriken.

Den Artikel 76 vum Gesetz vum 8. Abrëll 1802 iwwert d'Organisatioun vun de Cultes seet Folgendes: «Il sera établi des fabriques pour veiller à l'entretien et à la conservation des temples, à l'administration des aumônes.» Mam Dekret vum 30. Dezember 1809 kréien d'Kierchefabriken dann hiert eegent Gesetz.

D'CSV hat an hirem Wahlprogramm vum 2013 sech kloer an däitlech fir eng Neiregelung vun de Kierchefabriken ausgeschwat. Mir stinn nach ëmmer zu eiem Wahlprogramm! Mä mam Gesetzesprojet vun haut hu mir awer eng ganz Partie Problemer. Duerfir géif ech haut am

Numm vun der CSV-Fraktioun folgend Froen stellen:

Eis éischt Fro betrëfft d'Konventioun iwwert d'Kierchefabriken, déi de 26. Januar 2015 tëschent dem Bistum an der Regierung ennerschriwwen gouf. Den Artikel 2 vun dëser Konventioun seet, an ech zitéieren: «Elle sera approuvée par la Chambre des Députés conformément à l'actuel article 22 de la Constitution et publiée au Mémorial et entrera en vigueur au moment à fixer par les lois d'approbation.»

Firwat ass dës Konventioun bis haut nach net an e Gesetzesprojet gefaasst ginn, fir dass d'Chamber se approuvéiere kann?

De Statsrot bedauert an dësem Zesammenhang, dass hien dës Konventioun emol net gesinn huet, an dat obschonn de Gesetzesprojet op dëser Konventioun baséiert! Firwat ass, am Géigesaz zur Vergaangenheet, dës Konventioun net an hirem Integralitéit dem Statsrot ennerbreet ginn?

Zweete Punkt: Mir sollen haut iwwer ee Saz aus där Konventioun ofstëmmen. Et steet näamlech an der Konventioun, dass den Dekret vum 30. Dezember 1809 kuerzfristeg soll ofgeännert ginn, fir d'Gemenge vun hire Verplichtungen géintwuerd de Cultes ze entbannen. Firwat ass dës Saz aus der Konventioun erausgeholl ginn an en ass an e separat Gesetz gesat ginn?

Et ass an der Konventioun och virgesinn, dass d'Gemengen an d'Kierchefabrick bis den 1. Januar 2017 solle bestëmmen, wéi eng Kierchen nach fir reliéis Zwecker benotzt ginn. An d'Kierchefabrick selwer solle fir den 1. Abrëll 2017 duerch de Fonds de la gestion des édifices religieux ofgeléist ginn. Mir sinn elo Enn Februar 2016. Ass et wierklech noutwendeg, fir nach fir ee Joer e Gesetz ze maachen?

An dësem Zesammenhang stellt de Statsrot och eng ganz pertinent Fro. Hie freet sech näamlech, firwat dass dës Zwëschenetapp gemaach gëtt a firwat déi ganz Gesetzgebung iwwert d'Kierchefabriken net iwwerschaaft gëtt.

Drëtte Punkt: D'Gemenge müssen an Zukunft dem Paschtouer keng Wunneng méi zur Verfügung stelle respektiv dem Paschtouer eng Indemnitéit bezuelen, wann d'Gemeng keng Wunneng huet, fir him zur Verfügung ze stellen. D'Chambre des Fonctionnaires schreift an hirem Avis iwwert dës Gesetzesprojet, dass d'Wunneng vum Paschtouer en Deel vu senger Pai ass. Si stellt fest, dass d'Paschtéier, déi jo assimiléiert sinn zu de Fonctionnaires, hei en Deel vun hirer Pai ewechgeholl kréien. Wat ass d'Positioun vun der Regierung zum Avis vun der Chambre des Fonctionnaires? Wéi steet et hei mam Prinzip vum Pacta sunt servanda, deen d'Berufschamber opwerft?

Zousätzlech gëtt et e Gesetz vum 10. Juli 1998, dat d'Konventioun approuvéiert, déi den 31. Oktober 1997 tëschent der deemoleger Regierung an dem Bistum ennerschriwwen gouf. Am Artikel 7 vun dëser Konventioun steet: «Les communes où résident les curés pouvaient au logement des curés conformément aux lois et règlements en vigueur.» Dësen Artikel gëtt awer net ofgeschaaft. Gesäit d'Regierung hei keng Inkohärenz?

Véierte Punkt: An dësem Zesammenhang froe mir eis och, firwat grad beim kathoulesche Kultus dës Obligatioun fir d'Gemengen ofgeschaaft gëtt. Et gëtt näamlech och en Dekret vum 5. Mee 1806 relativ au logement des ministres du culte protestant et à l'entretien des temples. Hei steet am éischten Artikel: «Les communes où le culte protestant est exercé concurremment avec le culte catholique sont autorisées à procurer aux membres du culte protestant un logement et un jardin.» Och wann et sech hei net ëm eng Obligatioun fir d'Gemengen handelt, froe mir awer, firwat fir déi zwou Reliounen ënnerschiddlech Texter gëllen a firwat dësen Artikel net och ofgeschaaft gëtt. Ass d'Regierung der Meinung, dass hei de Gläichheetsprinzip appliquéiert gëtt?

Fënnefte Punkt: Des Weidere steet am Artikel 2 vum selwechten Dekret vum 5. Mee 1806: «Le supplément de traitement qu'il y aurait lieu d'accorder à ces ministres, les frais de construction, réparation, entretien des temples et ceux du culte protestant seront également à la charge des communes, lorsque la nécessité de venir au secours des églises a été constatée.» Firwat müssen d'Gemengen net méi den Defizit vun de kathoulesche Kierchefabriken droen, awer bei de protestantesche Kierche gëtt dës Obligatioun net ofgeschaaft? Mir wëllen hei net eng Relioun géint déi aner ausspilleren, mä mir stellen eis awer d'Fro, ob d'Reliounen hei gläichbehandelt ginn.





► **Une voix.** - Aah!

(*Interruption par M. Alex Bodry*)

(*Hilarité*)

► **Mme Diane Aدهم** (CSV).- Sechste Punkt: Am Gesetzesprojet gëtt och d'Obligation fir d'Gemengen ofgeschaaft,...

► **Une voix.** - Yuppi!

► **Mme Diane Aدهم** (CSV).- ...fir den Defizit vun de Kierchefabricken mussen ze decken. Dozou muss een awer och emol d'Zuele kucken. Wéi vill Defizit mussen d'Gemengen dann effektiv vun de Kierchefabricken iwwerhuelen? Déi Zuele sinn anscheinend guer net esou einfach ze fannen, huet de Minister eis an der zoustänneger Chamberskommission selwer confirméiert. Den Experterapport iwwert d'Glawensgemeinschaften aus dem Joer 2012 zitëiert fir 2010 en Defizit vu 444.328 Euro fir eelef Gemengen. Dovunner entfalen der awer ronn 400.000 op d'Stad Lëtzebuerg. Déi aner zéng Gemengen hunn also zesummen en Defizit vu 44.000 Euro, dee si decke mussen, also ronn 4.400 Euro pro Gemeng fir 2010.

De Statsrot huet mam Gesetzesprojet iwwerhaupt keng Zuele matgeliiwwert kritt, fir säin Avis ze schreiwen. Hie stellt fest, dass hien net an der Lag ass, eppes iwwert d'finanziell Konsequenzen op d'Kierchefabrick vum deem Gesetzesprojet ze soen. Et weess een also haut net, wéi vill Kierchefabricken op Basis vun deem Gesetzesprojet riskéieren, finanziell Schwieregkeeten ze kréien.

Et ass och net gekläert, wat geschitt, wann eng Kierchefabrik hir Schold net ka bezuelen an d'Gemeng sech weigert, den Defizit ze iwwerhuelen. Bei de Kierchefabricken handelt et sech jo ëm Etablissements publics, déi am Prinzip net därfer en déconfiture falen.

Siwente Punkt: Juristesche erlaabt den Dekret vun 1809 emol net, dass defizitär Kierchefabricken vun anere Kierchefabricken ënnerstëtzt ginn. Wéi soll eng defizitär Kierchefabrik sech iwwer Waasser halen, wann eng Gemeng se net méi ënnerstëtze wëllt a si net vun deenen anere Kierchefabricken ënnerstëtzt ginn därft? Wou ass dann do d'Solidaritéit ënnert de Kierchefabricken, vun där de Minister schwätzt? Firwat leet hien dann net emol d'Basis fir esou eng Solidaritéit?

(*Brouhaha*)

Aachte Punkt: D'Gemenge mussen an Zukunft nach just déi grouss Reparaturen iwwerhuelen, déi bei de Kierchen ufalen. Hei wéisste mir gäre vum Minister, wéi dann déi grouss Reparaturen definéiert sinn. Wat fällt dodrënner? Sinn et gewëssen Aarbechten oder ass et eng grouss Reparatur, wann de Betrag iwwer e gewëssene Sockel erausgeet? Oder spillen hei d'Begrëffer vun «grosses ou menues réparations», déi mer aus dem Zivilrecht kennen?

Néngte Punkt: Bei ville Kierchen ass net gekläert, wie Propriétaire vun der Kierch ass. Ass et d'Kierchefabrik? Ass et d'Gemeng? Mir wëssen et net. Wann dese Gesetzesprojet haut gestëmmt gëtt, mussen an Zukunft d'Kierchefabricken eventuell fir Kierchen opkommen, déi hinne guer net gehéieren! Ass dëst am Aklang mat der Verfassung, déi am Artikel 107 seet: «Les communes forment des collectivités locales (veuillez lire: autonomes), à base territoriale, possédant la personnalité juridique et géant par leurs organes leur patrimoine et leurs intérêts propres.»

Zéngte Punkt: Kierche gehéieren zum kulturelle Patrimoine vun eisem Land. Si hu ganz oft Konschtwierker a kulturell wäertvoll Géigestänn. Uergelen a verschiddene Kierche si souguer als national Monumenter klasséiert. Wann an Zukunft net méi mussen d'Gemenge fir d'Kierche bezuelen - ausser déi grouss Reparaturen, déi awer net definéiert sinn -, wie soll dann de kulturelle Patrimoine, deen eis Kierchen duerstellen, erhalen? De Minister huet an deem Zesummenhang an der zoustänneger Chamberskommission gesot, wann eng Kierch als nationaalt Monument klasséiert wier, géif de Service des Sites et Monuments fir d'Kierch opkommen an d'Käschten all iwwerhuelen.

Laut der Äntwert op eng Question parlementaire vum Serge Wilmes sinn awer nëmme 45 Kierchen a Kierchtiern klasséiert. Derbäi kommen dann nach 22 Kapellen, 11 Intérieure vu Kierchen, 13 Uergelen, 3 reliés Statuen an zwee Kräizer. Mir hunn awer hei am Land méi wéi 600 Kierchen a Kapellen. Do retten och déi 14 Kierchen a 16 Kapellen, déi um Inventaire supplémentaire vum Service des Sites et Monuments agedroe sinn, näischt. Verfält dann elo eise kulturelle Patrimoine?

Eelefte Punkt: Den Artikel 119 vun eiser Verfassung seet: «En attendant la conclusion des conventions prévues à l'art. 22, les dispositions actuelles (...) restent en vigueur.» Hei stelle mir eis als Fraktioun d'Fro, ob mir de Gesetzesprojet vun haut iwwerhaupt unhuele kënnen, well d'Konvention, op där e baséiert, net vun der Chamber approuvéiert gouf. An och de Statsrot huet, wéi gesot, déi Konvention net gesinn a bedauert dat och ausdrécklech.

Duerfir déposéieren ech haut am Numm vun der CSV-Fraktioun eng Resolution. Wat ass den Inhalt vun deser Resolution?

Mir wëllen, dass de Gesetzesprojet nach eng Kéier zrëck un de Statsrot geet, pour avis.

Zweete Punkt: Mir wëllen, dass de Statsrot d'Konvention kritt, déi de 26. Januar 2015 tëschent dem Bistum an der Regierung iwwert d'Kierchefabricken ënnerschiww gouf.

An drëtten Punkt: Mir wëllen, dass de Statsrot en Avis mécht iwwert d'Konformitéit vun deem Gesetzesprojet par rapport zum Artikel 119 vun der Verfassung.

(*Mme Diane Aدهم dépose la résolution 1 sur le bureau de la présidence.*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci.

**Résolution 1**

*La Chambre des Députés,*

- *considérant que le programme gouvernemental prévoit dans son chapitre relatif aux cultes que «[l]e Gouvernement dénoncera les conventions existantes pour entamer des négociations avec les cultes, lancer une discussion sur leur financement et redéfinir les relations entre les communes et les cultes. La législation relative aux fabriques d'églises sera remplacée par une réglementation qui garantira la transparence au niveau du patrimoine et des ressources des Églises.»;*

- *notant que les négociations avec les cultes ont abouti le 26 janvier 2015 à la signature par le Gouvernement, représenté par le Ministre de l'Intérieur, et l'Archevêché de Luxembourg, représenté par l'archevêque, d'une «Convention entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et l'Église catholique du Luxembourg concernant la nouvelle organisation des fabriques d'églises.»;*

- *soulignant que l'article 1 de la convention prédite stipule que «[l]e décret du 30 décembre 1809 sera modifié à court terme afin de libérer les communes de leurs charges relativement au culte.»;*

- *considérant que l'article 22 de la Constitution stipule que «[l']intervention de l'État dans [...] les rapports de l'Église avec l'État, font l'objet de conventions à soumettre à la Chambre des Députés pour les dispositions qui nécessitent son intervention.»;*

- *soulignant que l'article 119 de la Constitution stipule qu'«[e]n attendant la conclusion des conventions prévues à l'art. 22, les dispositions actuelles relatives aux cultes restent en vigueur.»;*

- *considérant que dans son avis «[l]e Conseil d'État regrette que cette convention ne lui ait pas été communiquée, d'autant plus que l'exposé des motifs mentionne que le projet de loi sous avis est un fruit desdites négociations.»;*

- *notant que l'article 83bis de la Constitution stipule que «[l]e Conseil d'État est appelé à donner son avis sur les projets et propositions de loi»;*

- *soulignant que l'article 2 de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État prévoit que le Conseil d'État donne son avis sur la constitutionnalité d'un projet ou d'une proposition de loi;*

- *considérant qu'en l'espèce le Conseil d'État n'a pas donné son avis sur la compatibilité du projet de loi avec l'article 119 de la Constitution,*

*décide*

- *à renvoyer le projet de loi au Conseil d'État;*

- *à communiquer au Conseil d'État la «Convention entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et l'Église catholique du Luxembourg concernant la nouvelle organisation des fabriques d'églises»;*

- *à demander l'avis du Conseil d'État sur la compatibilité du projet de loi avec l'article 119 de la Constitution.*

(s.) Diane Aدهم, Paul-Henri Meyers, Gilles Roth, Marc Spautz, M. Claude Wiseler.

► **Mme Diane Aدهم** (CSV).- Zwielfte Punkt: D'Aart a Weis, wéi dese Gesetzesprojet an der Chamberskommission behandelt gouf, war och net ganz glécklech. D'Majoritéit huet sech geweigert, de Syndicat des Fabriques d'église an der Kommission ze héieren, wat mir als CSV-Fraktioun ausdrécklech bedauern. Als Haaptbeträffene wier et normal gewiescht, de SYFEL ze héieren, zemol wann ee sech als Majoritéit wëllt Transparenz an Dialog op de Fändel schreiwen.

Wat ass dann elo d'Position vun der CSV zu de Kierchefabricken?

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **Une voix.** - Gesi mer dat elo schlussendlech?

► **Mme Diane Aدهم** (CSV).- Jo.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Elo gëtt et spannend.

► **Mme Diane Aدهم** (CSV).- Mir proposéieren an deem Zesummenhang folgend Léisung:

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann ech gelift!

► **Mme Diane Aدهم** (CSV).- D'CSV ass fir eng Reform vun de Kierchefabricken. Den Dekret stammt vun 1809 an et ass manifest, dass do eng ganz Rei Dispositionen net méi eiser Zäit ugepasst sinn. Einfach e puer Bestëmmungen eraussträichen, wéi dat mam aktuelle Gesetzesprojet geschitt, ass allerdeings fir eis keng Léisung! Mir hunn als CSV zënter 2012 ëmmer erëm gesot, dass mir des Reform wëllen. Mir wëllen eng global, eng gutt duerchduechte Reform vun de Kierchefabricken. Mä fir eis gëtt esou eng Reform am Dialog mat de Beträffene gemaach. Mir setzen déi Beträffen net virun de Fait accompli, dass hiren Defizit net méi muss vun de Gemenge gedeckt ginn.

Als CSV si mir fir eng Zesummeleeung vun de Kierchefabricken. Eise Prinzip ass: eng Gemeng, eng Kierchefabrik. De Bistum ass zoustänneg, fir d'Paren ze definéieren, an do mësche mir eis net an. Mir sinn der Meenung, dass, falls et emol zu engem finanziellen Defizit kënn, d'Gemeng och weiderhin därft asprangen. Et soll net an Zukunft sinn, wéi an der Konvention, op där dese Gesetzesprojet baséiert, steet, dass herno d'Gemengen den Defizit net méi decken därfer. An eisen Ae sollen d'Gemenge sech weiderhi kënnen um Erhalt an um Ennerhalt vun alle Kierche bedeelegen.

D'CSV ass fir d'Schafung vun enger Mutuelle fir d'Kierchefabricken. All Kierchefabrik bezitt e bestëmmte Betrag, a falls eng Kierchefabrik en Defizit huet an d'Gemeng net asprange kann oder net asprange wëllt, spréngt d'Mutuelle an. D'Mutuelle kënn fir deen Defizit op. Si representéiert d'Solidaritéit tëschent de Kierchefabricken. Dës Mutuelle géif iwwer e Gesetz gegrennt ginn a vun de Kierchefabrick selwer gëriert ginn.

Betreffend d'Paschtoueschwunnenge verschléisse mir eis net enger allgemenger Iwwerleeung iwwert de Sënn, fir engem Paschtouer weiderhin eng Wunneng zur Verfügung ze stellen. Mir sinn awer der Meenung, dass an deem Kontext och hätt misse mat de Paschtéier geschwat ginn! Si ginn einfach virun de Fait accompli gestallt a wëssen net, wat op si zoukënn, wann dëst Gesetz bis gestëmmt ass. Si hänken an Zukunft vun hire Gemengeresponsabelen of.

Als Konkusioun wëllt ech bemierken, dass den Émgang mat de reliése Gemeinschaften vill Toleranz erfuerdert. Dobäi wëllt ech op en Zitat zrëckgräifen, dat mäin Deputéiertekolleeg Paul-Henri Meyers virun e puer Joer am selwechte Kontext benotzt huet. Dëst Zitat staamt vum fréieren däitsche Bundeskanzler Helmut Schmidt: „Wer Toleranz will, der muss den Dialog mit den anderen wollen und führen.“ Wien net mat deenen anere schwätzt, ka se net verstoen. A wie se net versteet, handelt oft net esou, wéi e misst.

Ech géif mengen, dat ass och wouer fir dese Gesetzesprojet. Et ass net mam Syndicat des Fabriques d'église geschwat ginn. Si sinn awer nun emol déi Haaptbeträffen an deem Fall. Et ass net mat de Paschtéier geschwat ginn. Och si si beträff. Als CSV-Fraktioun bedauere mir dëst ausdrécklech.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus all de Grënn, déi ech lech elo opgezielt hunn, kann d'CSV-Fraktioun dese Gesetzesprojet net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Aدهم. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här President, Kolleginnen a Kollegen, wéi aus de Wieder vum Rapporteur, deem mer hei ausdrécklech Merci soe fir seng ganz komplett a fachkundeg Aarbecht, ervirgaangen ass, huet dëst Gesetz entgéint deem, wat ee vläicht konnt menge bei deene Kommentaren, déi ee lénks a riets déi lescht Zäit gehéiert oder gelies huet, net zum Zweck, fir d'Kierchefabricken ofzeschaffen, net zum Zweck, fir d'Kierchen ze enteegnen, mä et verfollegt nëmmen een Zil: déi gesetzlech Verflichtung vun de Gemengen, fir d'Defiziter

vun de lokale kathoulesche Kierchefabricken ze droen an och de Paschtéier eng Wunneng mat Gaart zur Verfügung ze stellen, ewechzehuelen.

Ech hat gemengt, dass inhaltlech iwwert déi dote Fro e relativ breede Konsens, wann och keng Eestëmmegkeet hei an der Chamber géif virherrschen. Wann ech e bëssen zrëckkommen op déi Diskussiounen, déi mer an der Institutionskommission an der leschter Period hate respektiv och deelweis hei an der Chamber - duerfir sinn ech e bëssen erstaunt iwwert déi Aussoen, déi elo d'CSV-Vertriedung hei gemaach huet -, do hat ech gemengt, dass grad an där doter Fro - an do ginn et jo och Assoe vum Gemengesyndikat Syvycol dozou, gedroen och vun den CSV-Buergermeeschteren - mer Eenegkeet doranner haten, dass, wat de Fong ugeet, dat ass dat Eenzegt, wat jo hei zielt an deem Gesetz, fir ze soen, dass et am 21. Jorhonnert, nodeem mer eis och géeneegt hunn, dass mer d'Onparteilchkeet an d'Neutralitéit vum Stat insgesamt, also och vun de Gemengen, par rapport zu den unerkannte Glawensgemeinschaften an der Constitution géife verankeren, dass et dann normal wär, dass et net ka sinn, dass d'Gemenge gehale ginn, en Defizit vun enger Gestiou ze droen, an där si selwer keen Afloss direkt hunn an och keen Afloss wëlle kréien, opgrond vum Prinzip vun der Separatioun.

Ech bedauern, dass dee Konsensus, dee sech awer iwwert déi lescht Joren ëmmer méi däitlech ofgezechent huet an eisen Debatten, dass deen, elo wou d'CSV an der Opposition ass, anscheinend net méi besteet.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Konsensus iwwer wat, Här Bodry? Well dat, wat hei um Dësch läit, ass kee Konzept, wat eng Globalitéit vun der Léisung vum Problem beinhaltet.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech schwätze vun deenen zwee konkrete Punkten, déi heimader...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Hei ass just eng éischt Etapp, déi d'Fro net léist, de Problem net léist. D'Madamm Aدهم huet ganz genau gesot, wat eis Zilsetzung ass.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- De Moment huet den Här Wiseler elo d'Wuert. E ka gären eng Kéier heihinnerkommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, ech géif effektiv...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Oder Dir stellt Froen; dat ass, mengen ech, wéi et übblech ass!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ...d'Kollegen alleguer bieten, wa se sech zu Wuert wëlle mellen, dat och esou ze maachen, wéi mer dat ëmmer maachen. Et ass keen, deen d'Wuert refuséiert kritt.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech gi wahrscheinlech dem Här Wiseler nach munch Ursach, fir nach hei ze intervenéieren. Duerfir sollt e vläicht e bësse sech am Ufank hei zrëckhalen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, kommt, mir bleiwen a geuerdnete Bunn...

(*Interruptions*)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Majo, awer ech mengen, et ass nach net fäerdeg.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et ass e sensibel Thema. Also solle mer och sensibel bleiwen.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech mengen, et ass nach net fäerdeg.

Feststellen ass, dass mer - dat ass jo en aussergewöhnleche Phenomeen - hei en Text zënter méi wéi 200 Joer net geännert hunn. Dat huet näischt domadder ze dinn, dass deen Text esou formidabel wär! Alleguer wësse mer, an och d'CSV weess dat, dass deen Text, deen Dekret vun 1809 a ganz ville Punkten désuet ass, géint eng ganz Rëtsch vun allgemenge Rechtsprinzipie verstéisst a scho laang hätt misse ëmgeännert ginn.

Mä et war esou, dass et bis elo net méiglech war, ausser usazweis an der viregter Regierungsperiod, mat der CSV iwwert déi dote Fro ze diskutéieren. Et sollt alles beim Ale bleiwen, well dat eng Situatioun war, déi eng vun de Glawensgemeinschaften, d'kathoulesch Kierch, an engem gewëssene Confort gelooss huet, während all Ännerunge schwéierlech nach op deem Niveau kënnen dee Confort bäibehale wéi deen, deen eigentlech viru méi wéi 200 Joer hei instituéiert ginn ass.

Et ass och bedauerlech, dass, wéi gesot, déi jeeweilge Innen- an d'Kultusministeren net de Courage haten eigentlech, fir un déi dote Fro erunzegoen. Ech wëll soen, dass a Frankräich, wou mer jo eng äänlech Bestëmmung nach en vigueur hunn, net manner wéi véiermol den Text vun 1809 bei hinne schonn ëmgeännert





ginn ass. Bei eis ass en am Urzoustand verblíwwen: nëmmen net drugoen!

Abee, dat ass elo eriwwer! Dat ass elo eriwwer, an hei gëtt eppes gemaach, wat iwwerfällg ass. Et gëtt deelweis och am Sënn vun deem gemaach, wat d'Experte préconiséiert hunn. Et wär gutt, mengen ech, deen Experterapport, deen déi viregt Regierung an Optrag ginn huet, deen also net kann de Makel hunn, dass dës Regierung eppes mat deem Rapport ze dinn hätt, et wär gutt, deen nach eng Kéier ze liesen, och mat deene Virschléi, déi an deem Rapport do drastinn.

An ee vun de Virschléi, déi drastinn, ass eigentlech dat, wou d'Konventioun elo higeet a wou d'Verhandlung vum dëser Regierung mat dem Aerbistum higaange sinn, dat heescht, d'Suppressioun vun de Kierchefabriken. Wéi gesot, dat ass net Bestanddeel vun dësem Gesetzes-text.

An ech wëll och soen, dat war och net Bestandteil vum Wahlprogramm vun der LSAP! Mä dat huet sech erginn an deene Verhandlungen, déi d'Regierung gefouert huet mam Aerbistum.

Mir sinn haut am 21. Jorhonnert, mir sinn net méi an Napoléons Zäiten. An d'LSAP-Fraktioun ass der fester Iwwerzeugung, Här President, dass mer och net méi ënnert dem Regimm vum Konkordat vun 1801 stinn! Dat war iwwergens eng Positioun, déi keen anere wéi den Här Jean-Claude Juncker mat senger Autoritéit als Premierminister a Statsminister ëmmer hei, och virun dëser Chamber, vertratt huet. Hien huet ëmmer d'Positioun vertratt, dass Lëtzebuerg net méi ënnert dem Regimm vum Konkordat vun 1801 steet.

Ech weess, dass d'kathoulesch Kierch dat contestéiert. Ech weess awer och - an eigentlech gëtt doriwwer net vill, net genuch diskutéiert -, dass an engem juristeschen Avis, deen, mengen ech, den Här Biltgen nach sengerzäit ugefrot huet bei der Uni Lëtzebuerg iwwert de Régime concordataire, de Professer Dokter Jörg Gerkrath déi dote Konklusioun bestätegt. Ech géif, Här President, fir dass dat heiten net e Geheimdokument bleift - well et schéngt keng richtig Diffusioun komescherweis fonnt ze hunn an deene leschte Joren -, dat och nach eng Kéier dann hei gären ofginn, fir dass dat den Deputéierte kann zougefouert ginn, wou den Unisproff ganz kloer zu Konklusiounen kennt:

**(M. Alex Bodry dépose une documentation sur le bureau de la présidence.)**

Éischtens, dass net nëmmen den internationalen Traité Konkordat zënter 1815 net méi uwendbar ass hei zu Lëtzebuerg, mä e kennt och zur Konklusioun, an dat ka wäitreechend Effeten hunn, dass all déi Loi-organiquen, déi drunhänken, och net méi applikabel sinn zu Lëtzebuerg! An eng vun deene Loi-organiquen, dat ass d'Loi du 18 germinal an X. A genau déi ass d'Grondlag, d'juristesche Grondlag fir den Dekret vun 30. Dezember 1809 iwwert d'Kierchefabriken!

Mir kommen also an eng ganz spannend Diskussioun eran, an där, wann deen Unisproff mat senger vun der viregt Regierung bestallter Etüd recht huet, sech d'Fro stellt, ob eigentlech deen Dekret, dee mer haut diskutéieren an dee mer ëmänneren, iwwerhaupt nach d'application hei zu Lëtzebuerg ass, dat heescht, ob déi Kierchefabriken, déi hei zu Lëtzebuerg bestinn, iwwerhaupt nach eng gesetzlech Grondlag haut hunn.

Eng ganz spannend Diskussioun, déi och nach doduerjer genäert gëtt, dass nieft deenen dräi Artikelen, déi ëmmer zitéiert ginn an eiser Verfassung, déi d'Cultë betreffen, et nach een hanne gëtt, ganz hannen an der Verfassung, bei den „dispositions transitoires“ géife mer et haut nennen, dat ass den Artikel 119, dee seet: «En attendant la conclusion des conventions prévues à l'art. 22, les dispositions actuelles relatives aux cultes restent en vigueur.»

Entre-temps sinn déi Konventiounen geholl, soudass no enger ganz logescher Applikatioun vun deem heiten Text, vun deem Artikel 119, mer also an der Situatioun sinn, dass sämtlech duerch déi Konventiounen, déi an der Vergaangenheet ofgeschloss gi sinn, ënner anerem och mat der kathoulescher Kierch, dass all aner Dispositionen duerch déi heite Verfassungsbestimmung net méi bestinn, also eventuell och den Dekret iwwert d'Kierchefabriken, dee mer haut amgang sinn ze reforméieren op engem Punkt.

Also eng ganz spannend Diskussioun. An ech hu gelies, dass jo de SYFEL wëllt déi dote Froen op eis Geriichter bréngen. Abee, dat kréie mer endlech dat, wat mer brauchen! Da brauch kee méi ze spékuléieren, wat d'Interpretatiounen sinn, mä da si mer wierklech an enger Situatioun, wou, wann et sollt zu engem Prozess kommen, da fir d'Éischt emol d'Virfro muss gekläert ginn, awéiwäit eigentlech den Dekret

vun 1809 iwwerhaupt nach zu Lëtzebuerg applikabel ass.

Also kann esou e Prozess eventuell emol zum Bumerang gi fir deen een oder deen anerem. Op jidde Fall bréngt en awer da Rechtssécherheet. Da sinn ee fir alle Mol déi dote prinzipiell Froe gekläert: wéi et mam Konkordat ass, wéi et mat de Loi-organiquen ass, mat all deenen Texter, déi mer nach matschleefen aus där doten Zäit a wou kee richtig weess, ob se dann applikabel sinn oder net.

Verwonnert, mengen ech, ass een, wann ee verschidden Argumenter héiert, wéi dësen Text hei kritiséiert gëtt. Een Argument, wat mech bal am meeschten erstaunt huet, dat ass - oh Schreck! -, dësse Gesetzesprojet géif e politeschen Zweck verfolge! Ech si scho laang derbäi. Ass et dann net esou, dass all Gesetz e politeschen Zweck verfolge? De Fait, dass eppes verbuede gëtt, dass eppes erlaabt gëtt, dass eppes geregelt gëtt, do stécht jo, denken ech, eng Iddi hannendrun! Soss géif ech mech froen, no wat fir enge Kritären dass mer hei géifen Normen an dëser Chamber festleeën!

Et ass also dat Selbstverständlechst vun der Welt an et wär dramatesch, wann et net esou wär, dass, wann eng Gesetzesinitiativ geholl gëtt, déi och enger politescher Zilsetzung entsprécht. Oder mengt Der, den Dekret vun 1809 hätt kenger politescher Zilsetzung entsprach sengerzäit?

Also deen Argument massue, fir hei d'Koalitioun an d'Knéien ze zwéngen, dat schéngt mer éischter e bësse schappeg ze sinn als Argument. Op jidde Fall kann ech lech soen, dass d'LSAP-Fraktioun zu deem politesche Choix steet, deen dës Regierung, dës Koalitioun hei getraff huet.

D'zweet Argument, och nach vun der Maddamm Adehm virdrun hei ausféierlech virgedroen, ass, dass ouni eng prélabel oder zumindest zäitgläich parlamentaresch Approbatioun vun der Konventioun mat der kathoulescher Kierch een dat heite Gesetz net kéint stëmmen. An anere Wieder: Dës Chamber hätt an iergendenger Form hiert Recht, Gesetzer ze maachen an ze änneren, ofgetratt. An deem heite Fall un d'kathoulesch Kierch, well ouni där hire Wëlle kann d'Chamber hei näischt maachen.

Mir mengen, dass dat Argument alles anescht wéi stéckhaltg ass, mä dass d'Chamber als gewieltent Parlament zu all Moment fräi ass, besteeënd national Rechtsnormen ze änneren, ofzeschaffen, ëmzeänneren, esou wéi si et fir richtig fënnt. D'Rechter vun engem Parlament als Législateur sinn onageschränkt an deem heite Fall. An do kann ee sech net och op viregt Konventiounen beruffen, well déi Konventioun, déi nach a Kraaft ass, déi mécht jo eigentlech näischt anescht, wéi ze soen, dass, wat d'Wunnenge vun de Paschtéier ugeet, do geltend Recht sollt applizéiert ginn. Dat heescht, e Rappel de la loi applicable zu deem Moment, wou et ofgeschloss ginn ass, dat ass sécherlech net en Engagement vun der Chamber, fir ze soen: „Elo hu mir eigentlech hei näischt méi ze dinn, elo sinn et just nach am Virfeld d'kathoulesch Kierch an d'Regierung, déi mussen en Accord do fannen.“

Ech mengen, do sollte mer - am Selbstverständnis och vun der Roll vum Parlament -net op déi glétscheg Bunn vun där doten Argumentatioun erofrutschen. An de Statsrot huet jo och ganz kloer gesot, dass hien déi doten Interpretatioun op kee Fall kann deelen.

En drëtt Argument, wat méi oder manner staark durchschimmert, ass, dëst Gesetz wär géint d'Kierchen a géint d'Relioune gericht. Dozou och e puer Klosterstellige vun eiser Säit.

Dës Reform, Relatiounen Kierchen a Gemengen, ass éischtens net en unilateralen Akt vun enger politescher Majoritéit, vun enger Regierung. Et ass d'Resultat vun engem Accord, deen aus fräie Stécker Vertrieeder vum Aerbistum a vun der Regierung ofgeschloss hunn.

► **Une voix.**- Mat e bëssen Drock hannendrun.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Bei Verträge ass och heiansdo Drock, jo, vu bausen. Jo! Wa mir hei Gesetzer maachen, ass och heiansdo Drock vu bausen. An nach maache mer déi Gesetzer.

**(Interruptions)**

An dach trauen ech deene Leit zou, déi dat ënnerschriwwen hunn, dass se dat en connaissance de cause gemaach hunn. Ech maachen deene Leit hei kee Prozess. Wann aner Leit dat wëlle maachen, da solle se dat maachen an hirer Verantwortung!

► **Une voix.**- Dir maacht lech et e weénege einfach!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Dir maacht lech et och e weénege einfach! Dat heiten ass, och deen heite Schrétt ass souguer expressément vereinbart gewiescht mam Aerbistum, well e

seet, dass dat Éischt, wat elo gemaach gëtt no der Signature, ass, fir eben den Dekret iwwert d'Kierchefabriken op deem präzise Punkt, dee mer haut hunn, ëmzeänneren.

Deen Deel vun deem Accord, dee läit eis haut vir zur Ofstëmmung, soudass mer also och zu 100% konform sinn zum Artikel 22 vun eiser Verfassung, dee seet, dass déi Konventiounen nëmme musse vun der Chamber guttgeheescht ginn, soufern se an d'Kompetenze vun der Chamber falen. Deen doten Deel, d'Ofännerung, fällt an d'Kompetenze vun der Chamber, an heimadder läit den Text vir, deen dat doten ausdrécklech virgesäit. Also, d'Chamber muss den Accord ginn, effektiv, zu deem heiten Text. An ech ginn dovunner aus, dass och eng Majoritéit an der Chamber deen Accord wäert haut ginn!

Dës Gesetzesännerung ass och ganz kloer inhaltlech! Et gëtt jo ganz vill hei iwwert d'Prozedure geschwat, iwwer juristesche Froen, déi sech stellen, déi sech eigentlech awer zum Deel schonn haut stellen an den aktuellen Texter, wat bis elo anscheinend keen esou opgereeget huet. Mä et geet jo awer och ëm de Fong.

Do gëtt et jo awer en Accord, an och an dëser Chamber, mat enger Verfassungsmajoritéit, fir ze soen: Mir schreiwen an déi nächst Verfassung an, dass mer hei zu Lëtzebuerg, dass de Stat, an dozou gehéiert natierlech och de Gemengesector, dass dee sech u sech a glawensan a weltanschauliche Froen neutral ze verhalten huet, dass et en onparteiische Stat muss sinn an dass mer an engem Trennungssystem dra si vu Stat, der éffentlecher Hand an den unerkannte Reliounen, wou mer awer bei engem fakultative Konventiounssystem hei zu Lëtzebuerg wëlle bleiwen, also net op de Wee ginn, wéi dat zum Beispill Frankräich gemaach huet.

Dat ass en Accord, dee mer hei fonnt hunn. An dat heite schreift sech jo awer total an an déi dote Richtung. An duerfir verstinn ech eigentlech och net, dass hei inhaltlech gesicht gëtt, dee Projet hei muedeg ze maachen. Wat den Inhalt ugeet, si mer an där doter Linn, well wann een dat Netamésche wëllt hu vun deem enge sengen Affären an deem anere seng Affären, wa mer net wëllen hunn, dass sech de Stat an d'Gemengen améschen an d'Interna vun de Kierchen, an ëmgekéiert net wëllen hunn, dass sech d'Kierchen améschen an d'Interna vun Stat a vun de Gemengen, da musse mer jo op esou e System goen! Da kann een natierlech net déi Verméschung hunn am Finanzement, wéi dat haut de Fall ass!

Kee wëllt d'Kierchen hei veraarmen dinn! An ech mengen, deen Accord, dee mer och deemnächst hei wäerten an der Chamber diskutéieren, wat de finanzielle Volet vun deem Ganzen ugeet, dee wäert och net dozou féieren.

E wäert dozou féieren, dass op där enger Säit natierlech och - an dat kann eng Stärkung vun de Kierche sinn - de Kierchen hir Autonomie eigentlech méi staark ënnerstrach gëtt! Si sinn net ofhängeg méi vum Secours vu bausen. Si stinn zu engem gudden Deel op eegene Féiss. An dat ass menger Usicht no och eng Stärkung vun de Kierchen. Duerfir, mengen ech, därerf een dat net eesäitg esou interpretéieren, wéi dat oft gemaach gëtt. Et muss een och d'Avantage vun deenen zwou Säiten an där ganzer Diskussioun gesinn.

E véiert Argument, wat a leschter Zäit erausgezu ginn ass, dat ass e ganz neie Phänomeen, dat ass d'Diskriminierung vun der kathoulescher Kierch! Nodeem d'Experten onwiddersprach zur Konklusioun komm sinn, dass mer hei zu Lëtzebuerg an engem „système inégalitaire“ wären, „discriminatoire“ wäere fir all déi aner Reliounen par rapport zur kathoulescher Kierch, déi Privilegien hätt, ass op eemol d'Thees hei opgeworf ginn: „Oh, déi arem kathoulesch Kierch, kuckt wat déi Protestanten awer hei ewechschleefen, an d'kathoulesch Kierch, deene wëlle se näischt méi ginn!“

Also, do ass d'Welt op der Kopp, muss ech soen! Mir wësse jo awer, wat fir eng unerkannte Glawengsgemeinschaft de Reliounsunterrecht nach haut an eise Schoulen hält, dass se net alleguerte gläich sinn an deem Ganzen! Do hunn ech ni esou flamend Rieden héiere vun CSV-Säit zu där doter Fro, wéi et ëm déi Diskriminierung reell gaangen ass, vun Experte festgestallt, wéi elo, wou et ëm déi Pseudodiskriminierung geet vun der kathoulescher Kierch par rapport zu der protestantescher Kierch, wou och richtig gesot ginn ass, dass, wat d'protestantesch Kierch ugeet an d'Gemengen, d'Gemengen net forcéiert sinn, e Logement zur Verfügung ze stellen; dat kënne se maachen.

Mä och an Zukunft, soen ech lech, mat deem heiten Text, wann dee gestëmmt ass, ass et net ausgeschloss, dass d'Gemengen dat dote kënne maachen. Et ass de Gemenge fräigestallt. Se mussen natierlech motivéieren, firwat se op deen dote Wee ginn. Hei ass keng Interdiktioun an deem heiten Text festgehalten. Sou

si mer also op deem dote Punkt horgenu d'selwecht mat deem anerem.

A souwäit ech weess, den zweete Punkt, wat d'Defiziter ugeet, do ass et guer net kloer, awéiwäit iergendwéi eng Gemeng..., wéi dat géif gerechent ginn, wou ee misst déi Defiziter do droen. An ech kennen och kee Beispill aus der Vergaangenheet, dass jee eng Kéier eng Gemeng iergenden Defizit hätt missen droe vun enger protestantescher Kierch, wat hir Fonctionnementskäschen ugeet. Soudass ech also mengen, dass dat doten och eigentlech e faux Débat ass.

D'Suerg, déi mer, mengen ech, alleguerten hunn, ass, dass mer zumindest déi Glawengsgemeinschaften, déi unerkannt sinn, déi also eise Kritären entsprechen, mussen d'selwecht behandeln. Dat ass dat, wou mer gemeinsam sollten higoen. Dat war och, mengen ech, ëmmer an deene leschte Joer e Konsensus. An ech kann lech soen, do huet och meng Partei déi mannst Schwierigkeeten, fir domadder ëmzegehen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech wëll, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- ...ech wollt zwar just hei soen, datt dat, wat vun der CSV-Fraktioun gesot ginn ass, am Fong datselwecht ass. Mir hätten am Fong gär, datt eng Gläichbehandlung vun all deene Kierchen esou ass, datt et equivalent ass an datt et korrekt gemaach ass. Mir hate just déi Impressioun, datt den Text, esou wéi en elo hei ass, an der Aart a Weis, wéi e gemaach gëtt, deem net géif entsprechen. Et ass dat, wat mer soen. Ech wëll et also just riichtbéien,...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Ech hunn dat och net anescht verstanen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- ...well Dir hutt dat elo ganz anescht erkläert, an dat ass...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Neen, dann hutt Der mech net verstanen. Da muss ech méi daitlech nach ginn.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Jo, ech mengen!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Mä d'Zäit feelt mer, fir dat ze maachen. Ech wëll just déi Leit berouegen, déi vläicht wierklech opgereegt si wéinst deem heiten Text - ech mengen, dat gëtt et sécherlech och -, dass, wéi ech d'Gemenge kennen... Ech war jo selwer Gemengepapp, an déi Leit vum SYFEL wëssen, notament hire President weess och, wéi dat zu Diddeleng ëmmer gehandhabt ginn ass vun deenen „Rouden“: mat vill Fangerspëtzegefill a mat vill Flexibilitéit!

Ech sinn nach wie vor och der Meenung, dass dat déi beschten Approche ass, fir un d'Gemengegeschäfte an der Gestiouen erunzegoen. An et brauch keen ze mengen, dass vu muer un, wann dat Gesetz a Kraaft ass, den Dag drop, dass dann d'Paschtéier géifen aus de Wunnengen erausgehäit ginn an ech weess net wat nach Béises géif passéieren, duerch d'Stroosse gedriwwen gi vun den Uertschaften. Mä ech mengen am Contraire, dass selbstverständlich wäerten Demandë kommen, fir wa se wëllen an deene vun de Gemengen zur Verfügung gestallte Gebaier bleiwen, dass se dann e Loyer bezuelen. Dee wäert da gemeinsam verhandelt ginn. An ech denken, dass an 99% vun de Fäll Eenegung wäert entstoen, wéi et soll weidergoen op deem dote Punkt.

Also duerfir, mengen ech, sollt een hei net den Däwel un d'Wand molen, wann ech déi Metapher an dësem Kontext hei därer gebrauchen,...

**(Interruption)**

...mä et sollt een hei och verstänneg un déi Saachen erugeen an net onnéideg fir Opreegung suergen, wou eigentlech kee Grond ass, fir sech schrecklech opzereegen.

Ech kommen hei zum Schluss, Här President. Meng Zäit ass och definitiv ofgelaf. Ech mengen, dass et dëser Koalitioun héich unzerechnen ass, dass se deen doten Dossier, dee broochlouch während iwwer 200 Joer, upeekt, dass se éischt Akzenter setzt, dass se dat mécht net autoritär diktéiert vun uewen erof, mä probéiert, dat eigentlech a Verhandlung mam Aerbistum ze maachen. An ech sinn och sécher, dass mer op deem dote Wee wäerten e Schrack weiderkommen.

D'LSAP wäert deen heiten Text stëmmen. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Bodry. An nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Lydie Polfer.





► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur e grouse Merci soe souwuel fir säi schrëftleche wéi säi mëndleche Bericht an awer och fir d'Manéier, wéi mer déi Diskussiounen an der Kommissioun konnte féieren an engem heikelen, sensibele Sujet, ganz kloer.

#### (Interruption)

Mir hunn déi Diskussiounen awer op eng ganz uerdentlech Manéier kënne féieren. A wa mer effektiv och d'Vertrieder vum SYFEL net gehéiert hunn, esou stoung et awer deene verschiddene Fraktiounen fräi, si awer ze héieren eenzel. An dat hu mer och gemaach.

Ech sinn och frou ze héieren, datt d'Madamm Adehm selwer festgestallt huet, datt den Dekret, vun deem mer jo haut schwätzen, 1809, datt mer alleguete wëssen, datt deen zënter ganz Laangem iwwerholl ass, net méi zäitgeméiss ass, och net a senger ganzer Breet esou exekutéiert gëtt. A wann dat dann och scho vu villen a vu laang hier festgestallt gëtt, esou ass et awer bis elo verpasst ginn, en unzepassen! An ech muss soen, et huet sech viles geännert.

An dat gesäit een am beschten, wann ee gesäit oder liest, datt d'Vertrieder vun de Kierchefabricken - an ech soen emol, dat si jo awer alleguer, ech ginn dovun aus, iwwerzeegte Katholicken -, datt déi hei mat enger Léisung, déi de Bëschof awer mat ausgehandelt huet, datt déi net mat deem eens sinn! Wien hätt dat gegleeft virun nach net laanger Zäit, datt, wéi gesot, eng Léisung, déi de Bëschof, wou de Bëschof et jo weess, wat d'Problematik ass...

An ech wëll net an den Detail hei agoen, mä all verstännege Mënsch a jiddwereen, deen d'Aen an d'Häerz op huet, weess, datt sech viles an deene leschte 50 Joer hei am Land geännert huet. Jo, d'Gesellschaft huet sech geännert! An ech menge kënne ze soen, datt de Bëschof mat senger Conseillereen och versicht huet, eng Léisung ze fanne mat der Regierung, déi eben deenen neie Gegebenheeten ugepasst ass. Mä, wéi gesot, de Fait, datt net nëmmen d'CSV, mä eben och d'Kierchevertrieder, also d'Membere vun de Kierchefabricken, net mat deene Léisungen zefridde sinn, dat hätt virun e puer Joer nach kee sech kënne virstellen. An dat ass e weidert Zeechen, fir ze gesinn, jo, datt viles sech geännert huet!

Wat mer haut solle stëmmen - ech wëll et nach eng kéier kuerz ervirhiewen, mä souwuel de Rapporteur wéi meng Virriedner hunn et scho gemaach -, mä ech wëilt et awer nach eng kéier direkt vun Ufank u betounen, datt dese Projet de loi kengem e Recht ewechhëlt, mä just Obligatiounen ophieft. Näischt, wat haut méiglech ass, wäert muer onméiglech sinn. Wéi dat an deene verschiddene Gemengen applizéiert gëtt, dat wäert effektiv vun deene verschiddene Gemengen ofhänken an och dovun, wéi se drop preparéiert sinn.

Ech kann lech op alle Fall - an ech wäert vläicht herno nach op e puer Zifferen agoen, wa mer nach Zäit bleift -, ech kann lech just soen, datt d'Stad Lëtzebuerg, wann ech jo déi Zifferen héieren, déi hei gesot ginn, déi ass, déi engersäits am meeschte Kierchefabricken huet. Jo, mir hunn 19 Kierchefabrick fir 23 Kierchen. E ben, mir hunn elo scho mat deenen 19 Kierchefabricken alles duerchgeschwat, eis Propriétéitsverhältnissen ganz kloergeluecht, ënnerschriwwen vun de Presidente vun deenen 19 Kierchefabricken.

A vun deenen 23 Kierchen, déi dat duerstellt, sinn der 18 ons! Dat heescht, 18 Kierche gehéieren direkt der Stad Lëtzebuerg, nëmmen dräi - nëmmen dräi, an dat si mat där klengster! - gehéieren de Kierchefabricken, an zwou, do ass de Statut effektiv net ganz esou kloer, wou den Terrain an der Stad ass an awer bezuelt ginn ass vun de Leit aus der Communautéit.

Dat nëmme fir ze soen: Jo, d'Applikatioun, déi wäert herno an den Hänn vun de Gemenge leien. An dofir wëll ech och hei ënnersträichen, datt et net esou ass, wéi fälschlecherweis dobaussen heiansdo gesot gëtt, datt hei de Gemengen eppes ewechgeholl gëtt. Neen, d'Gemengenautonomie gëtt am Fong heimat méi - méi! - gestärkt, well et eben an den Hänn vun de Gemengen ass, fir ze decidéieren, opgrond vun deene verschiddene Situatiounen, wéi dann elo hir Décisioun ass. An all Gemengemamm och - papp muss dee Moment vis-à-vis vun hire Bierger dozou geruedstoen. Dat nennt een Demokratie!

Also sinn et zwou Obligatiounen, déi ofgeschafft ginn, et ass drop higewise ginn: engersäits, datt d'Gemenge missten den Defizit

iwwerhuelen, an anere Wieder, si kënne dat awer nach maachen; an zweet Obligatioun, datt se missten de Paschtéier en Haus zur Verfügung stellen. An dat heescht an anere Wieder, dat steet hinne fräi, dat ze decidéieren. Wat awer bestoe bleift a wat net ofgeschafft gëtt vun deenen dräi Obligatiounen, dat ass, datt se mussen opkomme fir eben déi „grosses réparations“.

Jo, Madamm Adehm, do hänkt et ebe vun de Gemengen of, wéi se dat gesinn! Ech kann lech nëmmen och soen an do kënne wahrscheinlech all Kierchefabricken hei, op alle Fall an der Stad Lëtzebuerg, soen, datt mir dat ëmmer ganz gewëssenhaft gemaach hunn. Fir lech ee Chiffer ze soen: An deene leschte fënnef Joer hu mer 366.804 Euro ausgi fir deen normalen Entretien an iwwer 5,5 Milliounen fir Investitiounen, also fir méi „grosses réparations“, dat mécht am Ganze 5,8 Milliounen an deene leschte fënnef Joer. Jo, dat war zum Beispill vill méi wéi den Defizit droe vun de Kierchefabricken, well den Defizit vun deene Kierchefabricken an deenen nämlechte fënnef Joer louch nëmmen - „nëmmen“ - bei 1,7 Milliounen an dovun eleng sinn der 1,2 op d'Kathedral gaangen. Fiwat? Mä well dat bal ausschliesslech Hëtzkäschte sinn.

A wa mer dat Wuert „Kathedral“ och scho soen, da kann ech lech soen, an deene Konventiounen, déi jo vum Bëschof mat ënnerschriwwen gi sinn a vun der Regierung, steet jo ganz kloer, datt d'Kathedral och e spezielle Statut wäert kréien. An an deem Sënn hat ech a menger Qualitéit als Buergermeeschter och scho mat dem Statsminister a mat dem Äerzbëschof eng Entrevue.

An ech kann lech soen - Dir braucht lech fir d'Kathedral keng Suergen ze maachen! -, datt mer och weiderhi wäerten derfir suergen, datt déi uerdentlech a schéin ënnerhale gëtt, well schliesslech ass d'Kathedral der Stad Lëtzebuerg hir Propriétéit an effektiv zum Beispill eent vun deene Monumenter, déi och vun den Touristen am meeschte besicht ginn. Mir wäerten also zesummen... D'Detailer sinn nach net festgehale, mä de Prinzip awer ganz kloer. Do brauch also kee sech dowéinst eeschtlech Gedanken ze maachen.

Nun, et ass och kloer ginn, datt mer am Fong..., oder mir haten op alle Fall gemengt, datt iwwert déi zwee grouss Prinzipie mer eis eens wieren, datt een do misst op nei Weeër goen, souwuel beim Defizit wéi eben och bei de Paschtéier.

Firwat den Defizit? Fir den Defizit, och do erlaabt mer, datt ech lech eben d'Beispill vun der Stad Lëtzebuerg soen, well et, mengen ech, am einfachsten ass, mat engem konkrete Beispill dat ze beleen. Mä well déi 19 Kierchefabrick ganz verschidde sinn! Déi aller-, allermeescht hunn ni brauchen op d'Gemeng zrëckzegraifen, fir hiren Defizit ze bezuelen, well se keen haten! Et waren der ëmmer nëmmen dräi bis véier, awer ëmmer, wéi gesot, d'Kathedral, déi eben dat gebraucht hunn. Déi meescht sti sech also ganz gutt. Verschiddener, deemno wat hinne geschitt ass, Guddes geschitt ass, souguer exzellent!

Ech mengen, do si Situatiounen, ech ginn net an den Detail, mä wou eng Kierchefabrik hei aus der Stad eben eng kéier e ganz schéinen Don kritt hat an déi verkaaft huet, déi Terrainen, fir iwwer gutt dräi Milliounen verkaaft. Mir hunn hinnen dat gär gegënt! Mä mir hätte just - an ech perséinlech, an och schonn de fréiere Buergermeeschter, hat e puermol do eingeeënd Diskussiounen mat deenen 19 Kierchefabricken -, mir hätte gemengt, et wier am Fong am Sënn vun enger och chrëschtlecher Solidaritéit, datt déi, deenen et ganz gutt geet, iergendwou deenen, deenen et wierklech manner gutt geet, e bëssen ënnert d'Äerm géife graifen.

#### ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Wann och dee Prinzip ni a Fro gestallt ginn ass, esou ass awer ni eppes gemaach ginn, fir datt dat kéint esou goen! Et ass elo de Mëtten hei gesot ginn, da kéint ee jo, et hätt ee jo kënne, oder eng Propositioun wier: Fusiounen. Dat ass, mengen ech, och eppes, wat vum SYFEL proposéiert ginn ass. Ah ben jo, firwat net? Wat hätt deem an Wee gestanen, virun e puer Joer schonn? Mä déi gutt Iddien, déi kommen also vläicht ëmmer eréischt méi spéit. Hei hu mer haut eng aner Propositioun um Dësch leien, mä nach eng, déi, wéi gesot, kengem virgräift, kengem eppes ewechhëlt, mä eben de Gemengen déi Responsabilitéit iwwerléisst.

Nach ee Wuert och iwwert d'Paschtéier. Ech kann nëmmen deem bäifügen, wat souwuel de Rapporteur gesot huet wéi den Här Bodry: Et brauch jo keen ze fäerten, datt elo muer iergendwéi do géif eng Juegd lassgoen! Also! Och do si jo nees d'Situatioun ganz verschidden! Ech weess net, wéi se an deenen anere Gemenge sinn. Mä ech weess awer, wéi se hei

sinn. An och dat ass jo eng vun den Ursaachen, déi wahrscheinlech... An ech ginn dovun aus, datt de Bëschof sech dat wierklech ganz eescht iwwerluecht huet; mir hu jo bäi Wäitem net méi esou vill Paschtéier wéi mer Kierchen hunn! Mir hunn hei um Gebitt vun der Stad 23 Kierchen, déi als Kierche fonctionnéieren, mä do nienendru ginn et der nach eng Rei privater. Mir hunn awer bäi Wäitem net esou vill Paschtéier.

Do sinn awer och dann eng Rei Paschtéier, déi guer net a Gemengenhaiser wunnen, déi eben an Haiser wunnen, déi hinne vun de Kierchefabricken zur Verfügung gestallt ginn, well d'Kierchefabrik selwer Propriétaire ass vun deenen Haiser. Och do kann ech lech also versécheren, datt mer gewëss - nodeem dat Gesetz hei elo, wann et gestëmmt ass - wäerten an e ganz uerdentlechen, oppenen Dialog kommen, souwuel mat de Kierchefabrick wéi ebe mat deene Betraffenen, an do ganz bestëmmt eng ganz verstänneg Léisung wäerte fannen.

Ech hat op alle Fall och déi Impressioun, datt an der Kommissioun, wéi mer doriwwer geschwat hunn, awer eng grouss Unanimitéit war, fir ze soen, datt een do misst eng Léisung fannen, déi een och, wéi gesot, sozial kéint vis-à-vis vu jiddwerengem hei am Land verrieden. Well wann ee weess, datt deen, deen um Mindestloun ass, wann deen eng Sozialwunneng vun enger Gemeng kritt, souguer dee muss en Deel awer vu sengem Loyer mat hëllefen droen.

Dofir hu mer gemengt - an dat ass an der Kommissioun och esou duergestallt gi vun alle Säiten, an ech fannen dat och nëmmen normal -, datt dat am Fong eng verstänneg Léisung wier. Mä dat muss, wéi gesot, all Gemengemamm a -papp eben elo doheem kucken, et esou ze maachen, wéi et beschtens ass.

Ech ginn elo net méi op déi juristesche Iwwerleeungen an, déi elo, mengen ech, awer wierklech zur Genüge vum Här Bodry virgedroe gi sinn. Et steet dësem Parlament zou, en Acte législatif, dee geholl ginn ass - a wann ech dat elo richtig verstanen hunn, muss een emol iwwerhaupt sech elo nach iwwerleeën, ob en iwwerhaupt nach en vigueur ass, mä gi mer emol nach dervun aus, e wier en vigueur -, et steet dësem Parlament absolutt zou, deen Acte législatif eben ze änneren. Mä do kéinte jo nach vläicht spannend Momenter op eis duerkommen, wann do nach géif intervenéiert ginn.

Ons schéngt et - an dat wëll ech natierlech och soen, an do ginn ech jo och dovun aus, datt mer heibannen alleguerten där Meenung sinn -, datt deen hei Projet de loi selbstverständlech och net am Widersproch zu iergendengem Recht op d'Fräiheet vun der Relioun ass. Jiddwerengem - jiddwerengem! - steet et natierlech zou, déi Relioun auszeüben, déi hie fir sech wëllt, zu där hie steet an un déi hie gleeft, a keen - vun onser Bänk op alle Fall - géif jee drun denken, esou eppes a Fro ze stellen! Mir wëllen nëmme mathëllefen, datt mer eben eng adaptéiert Léisung fannen, fir eben d'Reliounen an dësem Land, oder d'Relatiounen mat de Reliounen op eng ganz fair, oppen an transparent Aart a Weis ze léisen.

Et ass mer bewosst, datt vill vun deene Kritiken, déi komm sinn elo am Virfeld, am Fong net onbedéngt fir dëse Projet de loi geduecht waren - déi Impressioun hate mer op alle Fall och, wéi mer mam SYFEL geschwat hunn -, mä virun allem d'Angscht sinn, wéi dann herno dat soll geleet ginn, deen nei ze grënnende Fong. Dee Projet de loi hu mer awer elo nach net virleien. En ass nach net do. Dofir kommt, mir reegen eis emol nach net iwwer eppes op, wou mer d'Detailer nach net dervu kennen!

Mä mir sinn eis bewosst, datt do vill Ängschte vun de Kierchefabrick leien. Ech mengen, mir wäerten heibannen nach Zäit kréien, wann dann dee Projet de loi emol eng kéier déposéiert gëtt, fir dat ze diskutéieren, an datt mer dann duerno eng Léisung hunn, déi, wéi gesot, deene Besoine gerecht gëtt an deene Valeuren, déi mer an dësem Land fir wichteg halen.

Dat hei, op alle Fall, ass net eleng an ouni Dialog ausgeschafft ginn. Den Äerzbëschof, deen de Vertrieder vum Bistum ass, deen d'Personalitéit juridique ass, deen huet dat hei mat der Regierung ausgeschafft, a mir vertrauen drop, datt mer och an deem Projet, deen dann eng kéier soll kommen, genügend kënne doriwwer diskutéieren, fir déi beschtméiglech Léisungen erauszefannen.

Mir op alle Fall als Demokratesch Partei kënne dësem Projet vun haut wierklech eisen Accord ginn, well en deene Bedéngunge vun dem 21. Jorhonnert Rechnung dréit. An et ass héich Zäit ginn, datt hei fir kloer Verhältnissen gesuergt ginn ass.

Merci.

#### ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Polfer. An nächsten age-

schriwwene Riedner ass den Här Roberto Traversini.

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Grazie. Wann ee vum Vatikan geschwat huet, Här President, ech si jonk, als jonke Mënsch - als jonken Deputéierten, wollt ech soen -,...

#### (Hilarité)

...an och als Netjurist muss ech soen, datt ech awer e bëssen erfieert war, wéi ech den Dekret gelies hunn, 1809, wou Napoléon nach drënner stoung! Fir mech jonke war dat awer schonn e bëssen..., ech duecht: Kann dat sinn, datt eppes schonn 207 Joer al ass an nach kee gekuckt huet oder versicht huet, Saachen ze änneren?

#### (Interruption par M. Marc Spautz)

Ech léieren all Dag bäi, Här Spautz. Ech kann lech just soen, wéi...

#### (Interruptions)

...impressionnant et fir mech war, deen Numm ënnert deem Dekret ze liesen.

#### (Brouhaha)

Et sinn iwwer 200 Joer vergaangen, 207, säit déi Veruerdnung a Kraaft getrueden ass. Eis Gesellschaft funktionéiert aneschtens. Eis Bezéiung zu der Kierch an zu de Reliounen am Allgemengen ass eng aner. Op alle Fall fir déi gréng.

#### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Deementspriedend ass d'Zäit komm, fir déi Veruerdnung a Fro ze stellen an déi néideg Ännerunge virzehuelen. Konkret sollen hei zwee Punkte vum Artikel 92 vum Dekret 1809 suppriméiert ginn. Wat sinn déi zwee Punkten? Ech widerhuele se: Éischtens geet et drëms, datt d'Gemeng soll, ech zitieren: «suppléer à l'insuffisance des revenus de la fabrique d'église».

Dee Punkt ze suppriméieren ass, denken ech, e wichtege Schratt a Richtung méi Gemengenautonomie. Firwat? Ma duerch dat hei Gesetz ass et iwwerhaupt mat der Selbstverständlecheit, mat där d'Kierchefabrick konnte Subside kréien, eriwuer, an dat och, wa se hir Vermégenssituatioun net op den Dësch geluecht hunn. Mat deenen éffentleche Gelder soll jiddweree verantwortlech ëmgoen!

Deen zweete Punkt, deen abrogéiert soll ginn, ass dee vum Paschtoueschhaus, dat gratis vun de Gemenge soll zur Verfügung gestallt ginn. Mir kennen alleguer d'Situatioun um Wunnengsmaat hei zu Lëtzebuerg. Mir hu jo och virun net allze laanger Zäit e Gesetz iwwert d'Subsides de loyer gestëmmt. Et stellt sech dann zumindest awer d'Fro: Ass et weiderhin ze verrieden, datt de Paschtouer vun der Allgemengheet eng Wunneng kritt, wa gläichzäitig Dausende Famillje sech um fräie Marché müssen zurechtfannen, well net genuch Wunnengen um Maart sinn? Ech denken, datt dat net méi ze verrieden ass.

Madamm Adehm, ech schwätzen oft mat Paschtéier, op alle Fall mat eisem vun Déifferdeng - mä mir hu just nach een -, wat hien dovun hält. Selbstverständlech fënnt hien dat och ganz normal, datt e muss Loyer bezuelen.

Ech wëll och soen, datt mer an deem Paschtoueschhaus, wou en elo op Jonglënster gesat ginn ass - iwwregens e ganz gudden, feine Paschtouer -, datt mer do Flüchtlingen dragesat hunn an datt déi Flüchtlinge Loyer bezuelen. Well ech dat richtig fannen, och vis-à-vis vun deenen, datt déi den Effort musse maachen.

Ech wëilt awer och nach kuerz op d'Positioun vum SYFEL, dem Syndicat des Fabriques d'église zrëckkommen. De SYFEL fënnt, datt d'Regierung ideologesch virgeet a schwätzt souguer vun Diskriminatiounen a Kathophobie! Dat kann een net esou am Raum stoe looslen! Well a sech ginn de Gesetzesprojet an och déi ganz Reform vun de Verhältnissen tëschent dem Stat an de Reliounsgemeinschaften a Richtung vun Neutralitéit géintiwuer de Reliounen. Et ass also einfach absurd, ze behaupten, datt eng Positioun, déi ideologesch neutral ass, ideologesch wier! Neutralitéit a Reliounsfeindlecheit sinn net datselwecht a sollen net verwiesselt ginn!

A Wierklechkeet ass dat hei e markante Moment fir Lëtzebuerg, wou et drëms geet, en neutralen a faire Kader fir d'Reliounen ze schaffen. E Kader, dee leschtendlech och am Intérêt vun der Kierch selwer ass, well se duerch den Ofbau vun den net méi zäitgemässe Privilegien an der Intransparenz nëmmen u Glafwierdegkeet an eiser pluralistescher Gesellschaft wanne kann.

Déi zentral Fro ass, ob mir als Stat wëllen neutral si géintiwuer alle Reliounen. Ech denken, datt de Stat dat muss sinn an datt een dofir dee Projet de loi soll matdroen. Op alle Fall wäerten déi gréng deen heite Projet de loi matstëmmen. Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.





► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Traversini. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci. Kollee-ginnen a Kolleeen, och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleeg Claude Haagen fir säi Rap-port, dee mëndleche wéi dee schrëftlechen.

Ech wëll meng Interventioun am Fong e bëssen ëmgedréit ufänken, andeem datt ech am Fong d'Positioun vun der ADR soen, déi mir vis-à-vis vun de Relatiounen tëschent der Kierch an dem Stat hunn. Mir hunn dat gemaach schrëftlech als Äntwert op deen Experterapport aus dem Joer 2012 a mir hunn dat och esou an eisem Wahlprogramm vun 2013 ageschriwwen.

D'ADR ass fir eng kloer Trennung vu Kierch a Stat am Respekt vun de Reliounen an am Respekt vun deem, wat d'Kierchen an der Ver-gaangenheet an eiser Gesellschaft geleescht hunn an och an Zukunft nach wäerte leeschten. A mir sinn iwwerzeegt, an do sinn ech mat menge verschiddene Virriedner averstanen, datt eng regelrecht Trennung tëschent Kierch a Stat och eng Chance ka fir d'Kierch sinn, wa se déi Fräiheet kritt a se dann och esou benotzt.

Wat d'Finanzéierung vun de Kierchen ubelaangt, ass d'ADR fir deen italienesche Modell - dat hunn ech schonn e puermol gesot heiban-nen - vum „otto per mille“, wou all Steierzueler seet, wivill vu senge Promille vun de Steieren u wat fir eng Kierch e wëllt bezuelen. Oder wann e se wëllt u keng Kierch bezuelen, da bezilt e se u keng Kierch an da ginn déi Promillen un e Sozialwierk ofgefouert.

Wat d'Kierchefabriken ubelaangt, ass d'ADR fir eng Reform vun de Kierchefabriken a mir hunn eis ganz kloer dofir ausgeschwat, datt et soll pro Gemeng eng Kierchefabrik ginn, dat no Négociatioune mat de Kierchefabriken a mat de Gemengen.

Ech war duerfir frou, datt och haut d'CSV déi Iddi, fir eng Kierchefabrik pro Gemeng ze maa-chen, iwwerholl huet. Ech hu séier am Wahl-programm vun der CSV nogekuckt: Et stoung net dran. Mä et stoung an der ADR hirem Wahlprogramm dran.

(**Brouhaha**)

Mä vu datt de CSV-President an de CSV-Gene-ralsekretär gesot hunn, si hätte keng Gemein-samkeete mat der ADR, sinn ech der Meenung, datt se lues a lues eis Proposition-de-loien an eise Wahlprogramm ofschreiwen, fir déi Ge-meinsamkeeten, op déi se waarden, fir déi dann ze realiséieren.

(**Brouhaha général**)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Wann ech gelift! Här Gibéryen, fuert virun!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Wat de Patri-moine ubelaangt vun de Kierchefabriken, si mer der Meenung, datt deen an déi nei Kier-chefabriken, déi dann op dem Niveau vun enger Gemeng bestinn, iwwergoe soll an datt domadder dee Solidaritéitseffekt, vun deem och d'Madamm Polfer virdru geschwat huet, op kommunalem Plang iwwert dee Wee géif féieren. Do géifen déi méi räich Paren deene méi aarme Paren hëllef. Déi Pare géifen also autonom fonctionnéieren an ouni Hëllef vun de Gemengen.

Wat d'Kierchen oder d'Kapellen oder de Mobi-lier ubelaangt, ass d'ADR awer komplett anerer Meenung, wéi dat elo ugestéiert gëtt. Mir sinn der Meenung, datt dat misst an ëffentlecher Hand bleiwen, sämtlech Kierchen aus dem Land! D'Kierchen an d'Kapellen an de Mobilier, dat ass dee gréisste Patrimoine culturel, dee mer hei am Land hunn! An deen ass gréisst-tendeels vun der ëffentlecher Hand, sief et vum Stat, sief et vun de Gemenge finanzéiert ginn oder iwwer Done vun der Allgemengheet, vun der Ëffentlecheet.

Et ass also eppes, wat vum Stat, der Ëffent-lechkeet an de Gemenge finanzéiert ginn ass an hinne gehéiert. A mir sinn och der Mee-nung, et misst an der Hand vun der Ëffent-lechkeet bleiwen a si soll se och weider ënner-halen, an datt dann eben de Stat oder d'Ge-mengen der Relioun déi Kierchen zur Verfü-gung stellen, déi d'Kierche brauchen, awer si mussen all an der Propriétéit vun der ëffentle-cher Hand bleiwen.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- D'Pasch-toueschhaier, wa se d'Propriétéit - laut eiser Proposition - vun der Kierchefabrik sinn, dann ass keng Diskussioun - da bleiwe se an hirer Pro-priétéit. A wa se an der Propriétéit vun der Ge-meng sinn, da bleiwe se an der Gemeng, mä d'Gemenge brauchen, laut eiser Proposition, och de Paschtéier keng Wunnenge méi zur Verfügung ze stellen. Dat ass eis Proposition, wéi mir se als ADR an eisem Wahlprogramm

an an eisem Text hunn, als Äntwert op d'Exper-ten.

D'ADR ass awer mat dësem Gesetz net d'ac-cord. Duerfir wollt ech eis Proposition vir maachen, well déi Proposition jo awer an enger Konventioun ass, wou déi Konventioun net, eiser Meenung no, richteg zustane komm ass. Et kann ee wuel soen, an de Kolleeg Bodry huet et gesot: „Jo, bei Verhandlung gëtt emol Drock gemaach“, e bëssen Erpressung ge-maach fir déi. An hei wësse mer genau, wou déi Erpressung...

(**Protestations**)

Dach!

...wou déi Erpressung war: Déi war jo mat der véierter Fro vum Referendum! Well den 20. Janu-ar 2015 huet de Premier den Accord virge-stallt, deen nach net ënnerschriwwen war, an dunn ass natierlech och Drock op d'CSV ge-maach ginn, fir eben hei an der Chamber eng Resolutioun een Dag méi spéit, den 21. Januar, matzestëmme, fir eben d'Verfassung ëmzeän-neren. Déi Ännerung ass heibanne gestëmmt ginn, vun de Regierungsparteien a vun der CSV. Déi Lékn an d'ADR hunn dee Chantage, oder zumindest mir fir eis Säit hunn dee Chan-tage net matgemaach. D'CSV huet sech natier-lech do wéckele gelooss!

D'CSV huet sech wéckele gelooss, wéi se déi Resolutioun do matgestëmmt huet an deen Engagement matgestëmmt huet, fir d'Verfas-sung ze änneren. An duerfir ass et och haut vill méi schwéier fir d'CSV, fir eben eng gewësse Kritik ze üben, well se dee Chantage d'lescht Joer am Januar matgemaach huet, deen am Fong dat Ganzt eréischt erméiglecht huet, well d'Konventioun ass dunn e puer Deeg no dem Vott hei an der Chamber, de 26. Januar, ass déi hei an der Chamber gemaach ginn.

Ob dee Vertrag elo rechtlech verbindlech ass, fir eis ass en net rechtlech verbindlech, well ganz kloer am Vertrag steet, an ech mengen, d'Kolleejin Diane Adehm huet et hei scho ge-sot, datt «Elle...», also d'Konventioun, «...sera approuvée par la Chambre des Députés confor-mément à l'actuel article 22 de la Constitution et publiée au Mémorial et entrera en vigueur au moment à fixer par les lois d'approbation.»

Dat heescht, déi Konventioun ass net hei an der Chamber approuvéiert ginn! An domadder ass se automatesch net a Kraaft! A wann d'Re-gierung elo higeet a si hëlt een Deel aus där Konventioun eraus, da mécht se am Fong e Vertragsbroch, well e Vertrag ass eppes Ganzes! An et kann een net een Deel aus engem Ver-trag, deen nach net a Kraaft ass, eraushuelen, deen awer déi aner Partie engagéiert, an allen Hisiichten, an deen hei ëmsetzen.

Dat heescht, dee Vertrag ass net a Kraaft. Et ass hei e Vertragsbroch vun der Regierung ge-maach ginn, well se en Deel vun engem Ver-trag a Kraaft setzt, wou de Vertrag selwer nach net a Kraaft ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- D'Chamber bleibt jo fräi!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- D'Chamber bleibt ëmmer fräi. D'Chamber bleibt fräi, mä d'Regierung huet hei e Vertragsbroch ge-maach! Ech si frou, datt den Här Bodry, wann ech dat richteg verstanen hunn, mer an déi Richtung zoustëmmt,...

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

...datt d'Regierung hei e Vertragsbroch ge-maach huet.

Wat mir bedauern, dat ass, datt déi Organisa-tioun, déi d'Kierchefabrick vertritt, de SYFEL, datt déi net gehéiert ginn ass! De SYFEL ass weder vum Minister gehéiert ginn nach vun der Kommissioun gehéiert ginn. Et waren d'CSV an d'ADR, déi do an der Kommissioun derfir gestëmmt hunn, déi aner Parteien hunn dergéint gestëmmt. D'Kierchefabriken, déi si méi al wéi eise Stat ass! Do schaffen 1.500 Leit fräiwëlleg iwwer, jo, bal 200 Joer dran. An hei geet et jo grad ëm d'Kierchefabriken!

Hei ginn an där Konventioun d'Kierchefabri-cken opgeléist. Si ginn enteegent vun hirem Verméigen, sief et Geld, siefen et Immobilien, siefen et Terrainen, Stéftungen, déi se gemaach hunn. Si ginn enteegent! An dat an engem Land, an enger Regierung, déi sech op de Fän-del schreift, si wier fir Transparenz an Dialog! Datt déi hei emol net de Courage huet, fir mat deene Leit, déi betraff sinn, ëffentlech an enger Kommissioun oder beim Minister ze diskutéie-ren!

Wann Der déi net empfangen hutt, dann dierft dat Parlament hei, menger Meenung no, am Prinzip ni méi een aneren empfänken, well et gëtt keng méi eeler Institutioun am Land, an och ni wäert et eng Institutioun ginn, déi méi wäert betraff sinn, wéi duerch dëst Gesetz d'Kierchefabrick betraff sinn.

(**Interruptions**)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Psssst!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Op d'Defiziter brauch ech net méi esou vill anzegoen, well déi Chiffere si scho vu verschiddene Leit genannt ginn. Ech wëll just op deem Punkt eppes soen: Et gëtt gesot, d'Gemenge kriten doduerch méi Autonomie. Jo! D'Gemenge kréie méi Autono-mie, well se do kënne selwer décidéieren: Iwwerhuele mer den Defizit oder iwwerhuele mer en net?

Mä et ass e schäinhellegen Ausdrock, fir ze soen, se krite méi Autonomie, well vun deenen 111 Gemengen, déi mer am Land hunn, sinn 100 Gemengen, déi iwwerhaapt net iwwer esou en Defizit ofzestëmme hunn! Déi Fro stellt sech net. Also kréien déi net méi Autono-mie, well déi Fro kréie se ni gestallt. An da bleiwen nach 10 Gemengen, déi eppes 40.000 Euro oder 44.000 Euro hunn. Et ass also minimal! Dat sinn zwee Éierewäiner fir gréisser Gemengen, iwwert déi se hei mussen...

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- ...iwwert déi se hei mussen...

(**Brouhaha général**)

...iwwert déi se hei mussen diskutéieren.

► **Une voix.**- Stell der vir! Stell der vir!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- A wann d'Stad Lëtzebuerg mat 444.000 Euro doläit, wou d'Madamm Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg elo grad gesot huet, wou de Gros dervun op d'Kathedral geet, dann ass dat och fir d'Stad Lëtzebuerg net méi dee Gros, dee bleift, wa mer d'Kathedral ewechhuelen. A wann eis Iddi géif ëmgusat ginn, datt um Niveau vun enger Gemeng d'Kierchefabrick géifen an eng zesummegeluecht ginn, da wier och dee Problem generell iwwerhaapt geléist.

Mä wat hunn d'Gemengen, wann een d'Kon-ventioun herno ganz ëmsetzt - wa vu Gemen-genautonomie geschwat gëtt? Si kréien also do, wou se souwisou näischt décidéieren, do kréie se méi Autonomie. Mä an Zukunft, wann dat do besteet, da mussen d'Gemengen hi-goen a se mussen awer Participatiounen hue-len, si mussen, si kënnen de Paschtéier Wun-nengen zur Verfügung stellen, mä mussen e Loyer froen. Ech si perséinlech och der Mee-nung, si mussen e Loyer bezuelen. Mä am Ge-setz gëtt et eng Obligatioun, laut der Konven-tioun. Dann ass et also net méi eng Autono-mie, mä et ass manner Autonomie, déi do ass!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duer-fir, aus all deenen Ursaachen do, well dat net dem Prinzip, wéi mir e wierklech kloer an eisem Wahlprogramm stoen hunn, entsprécht... Mat eisem Wahlprogramm wier et kee Kaméidi am Land ginn!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Et wier kee Ka-méidi am Land ginn! An hei huet och dës Re-gierung domat beabsichtigt, fir Kaméidi an d'Land ze bréngen, well hei gëtt et an all Duerf an an all Par an an all Gemeng, och, wann herno driwwer diskutéiert gëtt, wat fir eng Kierche ginn erhalen, wat fir eng Kierche ginn net erhalen, wat fir eng kritt d'Kierch, wat fir eng kritt d'Kierch net, dat gëtt Sträit a Kaméidi allgemeng!

(**Brouhaha**)

Hei an de Kierchefabrick si Generatioune vu Leit, déi hu Stéftunge gemaach, déi de Kierche gehollef hunn, wou Familljen drun hänken, wou déi elo einfach enteegent ginn an dat Geld gëtt an e Fong gemaach! Alles dat gëtt et hei zu Lëtzebuerg, ass et nach ni ginn! Dat ass et nach ni ginn! A wann d'Gambia esou wei-derfiert - Madamm Presidentin, dat si meng Schlusswieder -, da mécht déi a fënnel Joer an deem Land hei méi futti, wéi Generatioune vir-drin opgebaut hunn,...

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

(**Protestations**)

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).-...an dorunner wëlle mir eis net bedeelegen!

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

(**Brouhaha général**)

► **Plusieurs voix.**- En huet recht!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Gast Gibéryen. Den nächste Riedner, deen agedroen ass, ass den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lékn*).- Merci, Ma-damm Presidentin. Bon, ech wäert den Histo-rique net maachen, deen ass e puermol ge-maach ginn. Mir mengen, datt dëse Projet de

loi historiesch ass, well e mat enger Praxis brécht, déi vu villen zu Recht als archaesch ugesi gëtt.

De Katholizismus ass weiderhin zu Lëtzebuerg eng ënner alle Reliounen majoritär Relioun, mä si ass awer net méi déi absolutt dominéierend Konfessioun, esou wéi dat nach konnt virun e puer Jorzéngten de Fall sinn. Et ass eben esou, datt hautzudaags - nieft der méi traditioneller reliéiser Minoritéit, déi d'Juddentum duerstellt, déi jo eréischt duerch déi napoleonesch Ge-setzgebung u sech hei zu Lëtzebuerg emanzi-péiert gouf - Dausende vu Leit hei liewen, déi net nëmmen eng Synagog besichen, mä och eng Moschee, eng orthodox Kierch oder ee vun deene sëllege protestanteschen oder ewangeleschen Tempelen oder Versammlungs-raim. An da gëtt et nach déi Mënschen, wahr-scheinlech d'Majoritéit, déi guer keen Tempel besichen. Dat ass eben esou. Dat ass net ze beuerteelen.

Wéi 1809 den Dekret, déi Regelung vun de Kierchefabrick kouw, war déi reliéis Situatioun natierlech fundamental aneschters. Lëtzebuerg huet als Nationalstat net bestanen. A souguer dee vun de stramme Katholiken deemools an hautzudaags nach ëmmer esou verruffenen Empereur huet hinnen awer trotzdeem e Pri-vileg accordéiert, deen iwwer zwee Jorhonnerte bestanen huet. Den Empire gëtt et net méi. Lëtzebuerg ass en onofhängege Stat. An et ass net méi esou, datt een eng sozial Marginaliséie-rung misst befierchten, wann een ëffentlech säin Onglawe matdeelt oder wann ee sech sonndesmoies net an der Mass weist.

D'Mënsche sinn awer net méi kal ginn hautzu-daags. Si kënnen hiert Liewe mat méi indivi-dueller Fräiheet gestalten, a mir profitéieren all dovunner. Mä si engagéiere sech nach, vläicht net méi esou vill an enger Kierch, och wann dat net ze verdamen ass, mä vläicht an enger ONG, an enger Associatioun, an enger Ge-werkschaft, a fir déi ganz schrullleg, do gëtt et och nach politesch Parteien.

(**Hilarité**)

Dat ass och ganz utile.

D'Mënschen investéieren Zäit, si investéieren och Geld fir d'Allgemengheet. An dobäi muss een och wëssen, datt d'Zäit ëmmer méi knapp gëtt. An dat huet natierlech och en Impakt ge-hat op déi kathoulesch Kierch. An dat liest een d'ailleurs och am Communiqué vum Syndikat vun de Kierchefabriken, dee schreift, ech zi-téieren - et ass e bësse schonn hei ugedeit ginn; wann een als Leschte schwätzt, muss een all Kéiers soen: „et ass schonn ugedeit ginn“, mä ech zitéieren elo awer: «En effet bon nom-bre de celles-ci risquent de tomber en déconfi-ture en raison notamment de la diminution de la générosité des donateurs qui désormais re-chignent à faire des dons ou des legs pour une institution dont l'avenir est mis en question.»

Also de SYFEL, dee seet selwer, wéi dramatesch d'Situatioun sech verännert huet a gëtt esou zou, datt och d'Ferveur ënnert de Katholice staark ofgeholl huet. Schonn nëmmen aus deem Grond konnt de Status quo vun enger privilegéierter Situatioun fir déi kathoulesch Kierch net verbleiwen.

A wann een e puermol liest, wat de SYFEL be-haapt, e puermol wierklech an engem relativ aggressiven Toun behaapt, et géif ëm eng Diskriminatioun goen - den Här Bodry ass och schonn drop agaangen -: Dat ass scho quasi eng Frechheet par rapport zu anere reliéise Communautéiten! Et geet guer net ëm eng Diskriminatioun. Et geet eben ëm e spezielle privilegéierte Status, deen ofgeschafft gëtt, dee méi zäitgeméiss gemaach gëtt. An da ver-stinn ech einfach net, awéifern dat eng Diskri-minatioun misst duerstelle par rapport zu anere reliéise Gemeinschaften, déi deelweis, dat muss ee vläicht och unerkennen, e bësse méi lieweg sinn.

Dofir, mengen ech, war och domat ze rechnen, datt iergendeng Kéier déi privilegéiert Situa-tioun géif vergoen! Domat war ze rechnen. An ech mengen, ech ka mech och gutt erënnere - et si jo hei nach ëmmer Leit, déi am Stater Gemengerot sëtzen an am Schäfferot sëtzen, ech souz och eng Zäit dran -, schonns 2011 huet et domadder ugefaangen, datt et kompli-zéiert ginn ass, fir Majoritéiten ze fannen, ze bastelen am Gemengerot, fir iwwerhaapt nach déi Konten ze aviséieren.

Den deemolege Buergermeeschter an heitege Premier, deen hat och schonn ugekënnegt - dat ass och scho gesot ginn -, deen huet sech mat de Kierchefabrick getraff, ech mengen souguer mam Aertzbeschof, fir doriwwer ze dis-kutéieren. Et ass jo elo net, wéi wann dat elo





vum Himmel gefall wier! An ech mengen, et si souguer e puer Gemengeréit, déi hätten am léifsten dergéint gestëmmt, mä si hu versicht, sech nach ze enthalen oder eben derfir ze suergen, datt et nach duerchgeet. Also ech mengen, déi Reform ass net vum Himmel gefall.

An da mussen awer och gewësse Leit sech déi Fro stelle looszen, de SYFEL muss sech déi Fro stelle looszen: Wann een aner Saachen hätt kënne maachen, wann aner Modeller méiglech gewiescht wieren ënnert de Kierchefabricken, Mutualitéiten an esou weider, ech weess net, awéifern do d'Regierung misst agraifen, awéifern den Här Kersch misst Aerbëschof spillen - dat wier nach eng nei Roll, wou mer eis staark driwwer géifen erstaunen -, mä wat hunn d'Kierchefabricken, wat huet de SYFEL gemaach an deene leschte Joren, obwuel se woussten, datt iergendeng Kéier eppes kéim? Wat huet d'Kierch gemaach? Wat hunn d'Kultusministere vun der CSV gemaach? Näischt, näischt, näischt! Et ass ni eppes geschitt! Ben, elo gëtt tranchéiert!

A wann ech dann och nach dee leschte Saz vum Communiqué vum SYFEL liesen, do geet et - also dee leschte Saz, deen ass wierklech net schlecht! -: «En tout état de cause le SYFEL continuera de lutter avec tous les moyens légaux contre la discrimination des catholiques, et s'opposera résolument à la cathophobie» - la cathophobie! - «et au totalitarisme intellectuel du Gouvernement à l'encontre du religieux.»

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien! (Brouhaha)

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Ech wousst net, datt ee Wäirauch kéint dämpfen, mä ech wäert dat d'nächst Kéier...

(Hilarité générale)

Ech wäert et awer eng Kéier versichen, dat schéngt ganz...

(Hilarité générale)

► **Une voix.**- Net schlecht!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Et ass vläicht interessant!

(Hilarité)

Et brauch ee just de SYFEL ze zitieren, fir se selwer ze diskreditieren, well mat esou enger Argumentatioun... Also ech wëllt keen Affekt, dee mech esou verteidegt, well da bass de sécher, datt s de nach geklaakt gëss.

Ech mengen, deen Toun, dee seet schonn alles aus!

(Interruption par M. Alex Bodry)

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Sou, et ass gutt. Den David Wagner huet eleng d'Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Jo. Mä et muss een awer wëssen, éierlech gesot, virun net allze laanger Zäit war et nach an deser Gesellschaft verpönt an komplizéiert, wann ee sech en marge vun der kathoulescher Kierch oder vun der kathoulescher Institutioun positionéiert huet. Ech hunn dat glécklecherweis net erlieft, mä anerer! Mä Sensibilitätskolleeg, de Serge Urbany, huet mir och schonn erzielt, vu datt hie jo net an der Kierch gebuer ass, gouf hien als Kand, an ech mengen, dat ass anere Leit och vläicht aus där Generatioun geschitt, als Judd verannt - wann een dovun ausgoe kann, datt dat natierlech eng Insulte wier, wat et jo net ass -, nëmmen, well en net gedeft war! Also, wien huet deen een diskriminéiert, marginaliséiert, ënnerdréckt? Ech mengen, do misst een awer nach laang driwwer diskutieren!

Et geet wierklech net dorëms, elo d'kathoulesch Kierch wëllen duerch de Kakao ze zéien. Mir fannen antireliéis Hysterie genausou penibel wéi ultrareliéis Hysterie.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- A wann déi reliéis Ferveur esou staark ofgehol huet - wat net onbedéngt vläicht souguer de Fall ass, ech weess net, mä ech hunn net den Androck, datt dat de Fall ass an anere reliése Communautéiten, well et muss ee sech jo awer vläicht heiansdo déi Fro stellen -, da misst d'kathoulesch Kierch sech vläicht och selwer am Spigel kucken! An ech sinn dovun iwwerzeegt, datt, wann déi kathoulesch Institutioun méi Demut géif opweisen, hiert Bild an der Gesellschaft sech zum Positive vläicht och géif veränneren, och bei de Katholicken, déi sech an deser awer arroganter Attitüd net erëmfannen.

Et ass kee Komplott vu Fräimaurer, et ass net dem Satan seng Schold, et ass net der Gesellschaft hir Schold, déi genausou wéineg egois-

tesch a materialistes ass a Wierklechkeet wéi virun zéng, wéi virun dausend Joer souguer. Ech mengen, hautzudaags si just vläicht gewësse Saachen erlaabt, déi Mënsche virdru gäre gemaach hätten. Et ass net ëmmer deenen aneren hir Schold. Et ass vläicht och eng gewësse Flemm vis-à-vis vun enger Institutioun, déi net ëmmer zimperlech och mat hiren eegene Scheewercher ëmgaangen ass. An dat ka vläicht och erklären, firwat déi Ferveur net méi esou grouss ass.

Ech mengen - dat hu schonn e puer Virriedner gesot -, dat doten ass eng Chance u sech och fir déi kathoulesch Institutioun, fir sech vläicht méi erëm... An, wahrscheinlech jo, ech mengen, et gëtt der och souguer an der Hierarchie, déi gesinn dat schlussendlech an. An ech mengen dat net ironesch, ech mengen dat éierlech!

A schlussendlech, et muss een awer och soen, d'Parteien, déi kréie jo och Sue vum Stat, mä mir musse weinstens beweisen, datt mer eis zu 50% selwer kënne finanzéieren. An et ass och nach proportional zu de Wahlresultater. Dat heescht, et muss een...

► **Une voix.**- 25.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Sinn et der 25? Nach manner? Maja, ëmmerhin! An et ass proportional. Ech sinn net den Trésorier bei eis, glécklecherweis! An et muss een natierlech och Wieler iwwerzeegt kréien, well et ass proportional gesinn. Dat kënnt net einfach esou vum Himmel gefall.

Aus all deene Grënn wäerte mer dofir och eis Zoustëmmung zu dësem Projet de loi ginn. Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Wagner. Als leschten ageschriwene Riedner hunn ech den Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Dat war elo net virgesinn, mä ech hu gutt nogelauschtert a wëll awer nach ganz kuerz e puer Remarqué maachen.

Datt d'Kierchefabricke musse reforméiert ginn, dat licht jiddwerengem an. Dat licht der Kierch an, dat licht de Kierchefabrick selwer an a si hunn dat och gesot. Dat licht der CSV an. Den Här Biltgen, an dat ass schonn hei gesot ginn, huet d'ailleurs dee Prozess déclenchéiert, andeem en en Expertebericht commandéiert huet, wou a sech déi verschidden Analyse gemaach gi sinn, wou probéiert ginn ass, Léisungen opzeweisen, wou probéiert ginn ass, fir ze kucken, op eng modern a korrekt Aart a Weis déi Iddien ëmzesetzen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Et steet och am CSV-Wahlprogramm, dofir, just fir ze soen, datt mer mat der Iddi vun der Moderniséierung vum Fonctionnement vu Kierchefabricken evident d'accord sinn an datt mer och mengen, datt eng Reform noutwendeg ass. D'Madamm Adehm huet lech d'ailleurs a kuerze Wierder kloer an däitlech beschriwwen, wou mir mengen, datt dee Wee fir d'Reform vun de Kierchefabricken hätt sollen higoen.

Mir sinn net d'accord mat deem, wat an der Konventioun steet, am grouse Ganzen, weder mat der éischer Etapp nach mat där zweeter Etapp, well mer mengen, datt déi zweet Etapp, esou wéi se elo hei beschriwwen ass, mat all deem, wat se virgesäit an als Obligatioun mat sech bréngt, fir ëmzesetze juristes, konstitutionell eng ganz Rei Problemer wäert mat sech bréngen an och duerno ganz schwierig ass, iwwerhaupt an d'Realitéit ëmzesetzen; éisch-tens. An zweetens, datt de Fonctionnement och ganz schwierig wäert ginn. Dofir hu mer eng aner Léisung virgeschloen.

Mä och, wann et an der Konventioun steet: Dat, wat mer net verstinn, dat, wat mer wierklech net verst bei dësem Text, dat ass, firwat mer dann zwou Etappe brauchen, firwat mer haut mussen obligéiert sinn, elo eng éischt Etapp ze maachen! Déi ganz Reform, wann ee se da wëllt maachen - mir wëlle se net maachen, mä wann ee se wëllt maachen -, déi hätt jo awer kënne zesumme gemaach ginn!

Hei gëtt versprach, datt déi 2017 kënnt, d'nächst Joer. Firwat musse mer dann elo déi éischt Halschent do virzéien an net an der ganzer Reform maachen, wëssend awer, datt déi zweet Etapp wahrscheinlech juristes, wesentlech méi komplizéiert wäert gi wéi déi Artikel, déi kuerz Artikelen, déi hei ëmgeännert ginn, wëssend, datt mer enorm Schwierigkeete wäerte kréie mat der zweeter Etapp, an net wëssend, ob déi zweet Etapp iwwerhaupt fonctionnéiert, fir se an d'Realitéit ëmzesetzen.

Dofir maache mer elo emol dat hei! Dofir maache mer elo emol dat hei. An ech sinn net deen Eenzege, deen et seet, well de Conseil d'État mécht och an aller Klorheet - an aller Klorheet! - op déi Schwierigkeeten opmierksam. Ech lie-

sen deen Text nach eng Kéier gär vir, d'Madamm Adehm huet e schonn deelweis zitëiert, mä zweemol schuet näischt, well e wichteg ass: «Dans ce contexte», seet de Conseil d'État, «il est permis de s'interroger sur la nécessité de cette étape intermédiaire», déi, déi mer haut maachen, «...de cette étape intermédiaire où l'on risque d'exposer à des difficultés financières des établissements créés par le législateur, et dont l'équilibre budgétaire est actuellement assuré par les mécanismes prévus par la loi.» An déi Mechanismen, déi huele mer elo einfach ewech!

Firwat? Net wëssend, ob deen nächsten Text kënnt, an alleguer déi Kierchefabricken, dat, wat alles derhannertsteet, mat ganz ville Fragezeichen dohinnersetzen an d'Zukunft déséquilibréieren an net méi assuréieren! Et hätt een et jo, wann een et hätt wëlle maachen - an nach eng Kéier: Mir wollten dat do net, mir wëllen dat do net maachen! -, mä wann een et hätt wëlle maachen, hätt een et och kënne d'nächst Joer zesumme maachen. An ech hunn nach ëmmer net verstanen, firwat mer dat hei elo musse virzéien, ausser d'Explikatioun, déi den Här Bodry ginn huet: „Mä well et an der Konventioun steet.“

Firwat et awer an der Konventioun steet a firwat Der et drageschriwwen hutt a firwat et muss an der Konventioun stoen, dat huet awer nach kee gesot! An dat wëll ech awer wëssen, well et mécht strictement, strictement kee Sënn esou!

En anere Punkt, dat ass: Selbstverständlech kann d'Chamber déi Gesetzter maachen, déi se wëllt, Här Bodry, dat contestéiere mer jo nu wierklech net! Selbstverständlech kann d'Chamber déi Gesetzter maachen, déi se wëllt. Mä mir froen eis awer just, wa se hei en Text mécht, wou nëmmen d'Halschent drasteet a wou deen nächsten Text dann hätt sollen kommen, dann hätte mer awer logesch fonnt, datt mer deenen Instanzen, déi Avisen driwwer ofzeginn hunn, notamment dem Conseil d'État, zumindest awer och de Basistext geschéckt hätten, wou hallefweebs beschriwwen steet, wéi déi zweet Etapp da soll ausgesinn.

Well et ass awer eng Zoumuddung fir Gremien an och fir eis d'ailleurs, eppes ofstëmmen ze looszen, wou mer dat eent emol maachen - do schäfe mer emol d'Noutwendegkeet fir d'Bezuele vun de Gemengen of - an déi zweet Etapp wësse mer net, ob se kënnt, wat kënnt, wéini se kënnt a wéi se kënnt!

(Interruption par M. Alex Bodry)

Ech kennen den Text vun der Konventioun, mä de Conseil d'État huet e manifestement net kannt, well d'Regierung en net weidergeschéckt huet.

(Interruption par M. Alex Bodry)

De Conseil d'État...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...mir alleguerten hunn d'Texter vun de Konventiounen op dem Internetsite...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- De Conseil d'État seet, datt e géif regretéieren, datt en den Text net geschéckt kritt hätt als Dokument, datt en en also och net mat sengem Avis hätt kënne verwenden. An e seet och ganz kloer, an ech liesen et och ganz gäre vir, wann Der et wëllt: «(...) le Conseil d'État n'est pas en mesure d'apprécier la portée et les incidences financières du projet de loi sous avis.» Sou! Fannen ech jo awer net normal! Fannen ech net normal, datt mer hei en Text stëmmen, wou weder de Conseil d'État nach mir nach iergendeen aneren, dee wëllt dat apprécieieren, weess, wat d'Incidences financières sinn!

(Interruption par M. Alex Bodry)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech gelift!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech géif et eng normal legislativ Aarbecht fannen, wa mer mindestens dat géife wëssen! Mir sinn nach dann net mam Wee d'accord, mä d'Aart a Weis, wéi hei en éischen Text ëmgesat gëtt, mat all deene Geforen, déi dat beherbergt, mat all deene Fragezeichen, déi fir d'Zukunft do-stinn, dat ass eng Aart a Weis, un Dossieren erunzegoen, déi fir eis absolutt net korrekt ass an déi just gemaach gëtt, well elo e Succès hei muss verbucht ginn a fir soss guer näischt!

(Protestations et interruptions)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- 200 Joer Status quo, 200 Joer Status quo!

(Brouhaha et interruptions)

Dat ass d'CSV!

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- 200 Joer uerdentlech legislativ Aarbecht, jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Wann ech dat richtig gesinn, da si keng zousätzlech Riedner méi ageschriwwen. An elo huet d'Wuert de richtigen Här Innenminister.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, den Här Haagen huet a sengem Rapport d'Dispositiounen vum Regierungsprogramm iwwert d'Verhältnis tëschent Kierch a Stat virgelies. Ech brauch dat also elo net nach eng Kéier ze maachen.

Genau dat, wat den Här Haagen do virgelies huet, huet d'Regierung och gemaach. Si huet sech zesummegeat mam Bistum - dräi Ministeren, dat wësst Der, waren un deene Verhandlung bedeelegt - a si ass zu engem Accord komm. Fir mäin Deel, an dat wësst Der och, war et deen Deel, dee méi konkret d'Bezéiungen tëschent de Gemengen an de Kierchefabrick betrift.

An ech betounen, dass alles, awer wierklech alles, wat mer haut maachen - an och an deene Gesetzestexten, déi an deenen nächste Wochen a Méint nach wäerten nokommen an déi hei zur Ofstëmmung bruecht ginn -, dass dat konform ass mat deem, wat d'Regierung mat der Lëtzebuerger kathoulescher Kierch ofgemaach huet.

Dat reegt Verschiddener am Land op, däers si mer eis och bewosst, déi der Meenung sinn, d'Regierung hätt misse vill méi radikal virgoen an all Relatiounen mat sämtleche Culté kappen. Anerer fäerten, mir géifen elo d'Abendland verkaufen an all Kierchen, déi hei zu Lëtzebuerg iergendwéi net gutt verstoppt wieren, arappen.

Här President, weder dat eent nach dat anert ass de Fall. Wat mir haut d'Chamber froen, fir ze maachen, ass een éische Schrëtt, net méi an net manner, en éische Schrëtt an eng Gütertrennung tëschent Gemengen a Kierch. Et ass virdru gesot ginn, et ass konform zu deem, wat mer mat der Kierch ofgemaach hunn, an et ass och getrei zu deem, wat d'Chamber selwer an enger Motioun vum 7. Juni 2011 vun der Regierung gefuerdert hat, nämlech, an ech zitieren: «La Chambre invite le Gouvernement à réformer la législation datant du 30 décembre 1809 sur les fabriques d'églises.»

Ech iwwerloossen et gären der Interpretatioun vun deser Chamber, sech Gedanken doriwuer ze maachen, firwat dass dëst Element - an ech betounen: dëst Element - vun där doter Motioun bis elo tout simplement ignoréiert gouf. Dëst ëmsou méi - dëst ëmsou méi -, well et ënert der honorabeler Presidentschaft vu mengem Kolleeg Emile Eicher eng ganz kloer Stellungnam vum Syvicol vum 10. Dezember 2012 gëtt,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.*- ... déi d'Regierung opfuert, am Sënn vun der virerwänter Chambersmotioun aktiv ze ginn.

D'Ennerstëtzung, fir dat ze maachen, wat mer also haut hei wëlle maachen, war beim Gemengesecteur op jidde Fall do, wann ech mer erlaben, aus deem Avis vum Syvicol, deen ech elo grad erwäant hunn, ze zitieren. Eischt Zitat: «Le Syvicol demande l'abolition de l'obligation faite aux communes de fournir gratuitement un logement aux curés.»

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Très bien!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.*- Zweet Zitat: «Le Syvicol plaide pour l'abandon du principe de la prise en charge des déficits par les communes.»

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.*- Här President, näischt aneschtens wéi d'Ëmsetzung vun deenen zwou Grondfuederunge vum Syvicol maache mir haut!

Mir besäitegen haut mat dësem Text en Anachronismus, fir deen d'Gesellschaft, an do kënne Verschiddener nach esou haart jäizen, fir deen d'Gesellschaft kee Verständnis méi huet, nämlech d'Obligatioun vun de Gemengen a) fir den Defizit vun de Kierchefabricken opzekommen a b) de Paschtéier eng Wunneng zur Verfügung mussen ze stellen.

Ech invitéiere jiddwereen, dee mat dësem Schrëtt, dee mer haut lech invitéieren ze maachen, Schwierigkeeten huet, ech invitéiere jiddwereen, eng Kéier d'Stellungnam vum Jugendparlament vum Juli 2013 ze liesen. An och do erlaben ech mer ze zitieren: «Pour cette raison, nous demandons au Gouvernement de même qu'au Parlement luxembourgeois d'arrêter le financement des Églises par l'argent public. (...) Les coûts engendrés par la rémunération du personnel religieux ainsi que l'entretien de l'inventaire de l'église doivent être couverts par les communautés religieuses elles-mêmes.»

Wann ech déi Stellungnam liesen an ech vergläiche se mat deem, wat Eenzelner haut hei an der Chamber gesot hunn, da kann ech nëmme soen, dat bestärkt mech a mengem Androck, dass déi Jonk méi oft oder ganz oft vill méi no un der geliefte Realitéit si wéi verschidde Berufspolitiker heibannen.





Här President, loosst mech awer vläicht nach op verschidden eenzel Reproché reagéieren, wéi se haut hei presentéiert gi sinn, a gitt mer d'Geleëenheet, vläicht Verschiddenes richtegzestellen, wat dann eventuell och falsch verstante gi wier.

Et gëtt gesot, et wier net kloer, wat den Term «grosses réparations», fir déi d'Gemeenge jo selbstverständlech nach ëmmer verantwortlech bleiwen, och an der Hypothees, dass dat Gesetz haut gestëmmt gëtt, wat dat géif heeschen. Dozou wëll ech zwou Saache soen. Éischstens: Wann dat esou wier, dass et net kloer war oder net kloer wier, da froen ech mech, firwat dat da bis elo 200 Joer kee gestéiert huet. Well, an dat ass jo wuel onbestriden, mir änneren jo haut iwwerhaupt näischt un där doter Dispositioun vun deem Dekret! Déi Dispositioun, esou wéi se elo do drasteet, déi ass schonn 200 Joer an deem Dekret dran, iwwer 200 Joer - 207, hat den Här Traversini virgerechent -, a bis elo huet et kee gestéiert.

### (Interruption)

Ech mengen awer, an duerfir sinn ech och zweetens der Meenung, dass dat och net esou ass! An dat ass zwar vläicht och ëmgedréit d'Erklärung derfir, firwat dass kee sech dru gestéiert huet, well déi Fro do nämlech eendeitig gekläert ass, an Dir hutt et zum Deel scho selwer gesot: De Code civil, den Artikel 606, gëtt eis ganz kloer d'Antwort drop, wat domadder gemengt ass.

An ech zitieren: «Les grosses réparations sont celles des gros murs et des voûtes, le rétablissement des poutres et des couvertures entières. Celui des digues et des murs de soutènement et de clôture aussi en entier. Toutes les autres réparations sont d'entretien.» Doriwwer eraus gëtt et, an dat wësst Der wahrscheinlech och, eng ganz Rei vu Jurisprudenzen, déi ganz kloerstellen, wat zu den «grosses réparations» ze zielen ass a wat net.

Här President, ech erlabe mer also feststellen, dass déi honorabel Deputéiert sech iert, wa se behaupt, wéi et och haut am „Wort“ dann nach stoung, dass et néierens definéiert wier, wat ënner «grosses réparations» ze verstoen ass. Dach, et ass definéiert. De Code civil an d'Jurisprudence ginn eis dorobber eng ganz kloer Antwort.

Et gëtt och behaupt, Här President, et wier onkloer, wéi et da mat deene 45 Kierchen an 22 Kapelle géif weidergoen, déi elo ënner Denkmalschutz stinn. Och déi Behauptung ass esou net richtig. Zumindest ass et irreführend, ze behaupten, d'Situatioun géif duerch dëst Gesetz elo aneschtens ginn oder méi kloer ginn oder méi onkloer ginn, wéi dat virdrun de Fall war. Un der Situatioun vun deene Gebaier ännert sech selbstverständlech iwwerhaupt näischt. Strictement näischt! Wa si renovéiert ginn, kënnen si evidentement weiderhi vu staatleche Subside profitéieren, esou wéi dat och virdrun de Fall war, ni plus ni moins.

An ech wëll och do ergänzen, dass ech an der Kommissioun net gesot hunn, dass d'Integralitéit vun deene Renovatiounen géif da bezuelt ginn. Dat leeft no deem normale Subsidiesystem of, deen de Ministère de la Culture zur Verfügung stellt, esou wéi dat och haut de Fall ass. Un där Situatioun gëtt also näischt geännert.

Ech wëll eppes ganz kloer hei soen: Et läit absolut net an der Absicht vun der Regierung, net haut an och net muer, wa mer dann nach wëlle weider Schrëtt zesumme goen, déi kulturell Bedeutung vun de Kierchegebaier a Fro ze stellen. Mir si keng Kierchestiermer. Hei gëtt och keng weider napoleonesch Revolutioun virbereet. Hei geet et eenzeg an eleng drëms, d'Gemeenge vun zwou anachronistesche Bestëmmungen ze entlaaschten.

Da kréien ech virgeworf, ech géif d'Protestante vis-à-vis vun de Katholice bevurzen. Dozou kann ech nëmme soen: Ëm Gottes wëllen, Här President, ech sinn Atheist an ech wäert mech hidden, mech an d'Reliounssträiter anzeméschen!

Deenen, déi dat behaupten, wëll ech iwwerdeems recommandéieren, de Rapport vun den Experten, dee vun der viregter Regierung an Optrag gi gi war an deen haut schonn e puermol zitéiert ginn ass, méi genau ze liesen. Do steet, op der Säit 46, an ech zitieren nach eng Kéier: «Le cas du culte protestant est particulier. D'abord, le décret de 1806 prévoit les interventions communales (...) mais sans que celles-ci constituent une obligation à l'instar de ce que le décret de 1809 prévoit pour le culte catholique.»

D'Lektür vum Artikel 1 bestätegt och dat, wat d'Experten do festgestallt hunn: «Les communes où le culte protestant est exercé concurremment avec le culte catholique sont autorisées à procurer aux ministres du culte protestant un logement et un jardin.» Et handelt sech hei also ëm eng Kannbestëmmung an net, wéi

dat ass an deem Dekret, wou mer haut opgeruff sinn, dat ofzeänneren, ëm eng Mussbestëmmung. Dat sinn zwou verschidde Saachen, wéi och den Expertegrupp richteg ervirsträicht.

Zweetens muss ee wëssen, dass deen Dekret zënter Laangem net méi ugewannt gëtt. Och dat kann een an deem Expertebereicht noliessen. An enger Foussnott kann een dat op jidde Fall ganz kloer noliessen.

An et ass och nëmme eng Kierch, Madamm Adehm, déi iwwerhaupt a Fro komm wier, wann ech dem Expertebereicht ka gleewen. Dat ass eng Kierch an der Stad Lëtzebuerg, soudass déi Situatioun also eng ganz aner ass wéi déi, wéi Dir se hei presentéiert hutt.

Ech menge souguer...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Jo?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir hutt d'Madamm Adehm direkt ugeschwat. D'Madamm Adehm huet sech zu Wuert gemellt.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Selbstverständlech.

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Ech wëlt de Minister drun erënnere, dass ech gesot hunn, ech wësst gären, firwat dass déi doten Dispositioun fir d'Protestanten net ëmgeännert gëtt. Firwat gëtt et just fir d'Katholiken ëmgeännert?

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Gutt. Okay. Ech kommen drop ze schwätzen.

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- An ob de Minister net der Meenung ass, dass do zwou Reliounen net gläichbehandelt ginn.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Neen.

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Dat, wat Der alles gesot hutt, dat ass richtig, dat weess ech och. Mä eis Fro ass: Firwat ginn net déi zwou Reliounen gläichbehandelt an dësem Fall?

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Okay. Ech kommen drop, ech kommen drop! Merci fir d'Fro. Dat erlaabt mer dann, a mengem Text hei weiderzefueren, well ech mer bal geduecht hunn, dass déi Fro do géif kommen. Déi Fro vun der Ungleichbehandlung, déi jo dann, mengen ech, och haut schonn zum Deel ugeschwat ginn ass.

Ech mengen, dass genau de Contraire de Fall ass vun deem, wat Der awer gesot hutt. Mir kommen elo aus engem System vun der Ongläichbehandlung eraus! Mir hunn haut eng Ongläichbehandlung, nämlech, dass eenzeg an eleng déi kathoulesche Paschtéier e Recht - ech betounen: e Recht! - op eng Gemeengewunnung hunn. An déi vun deenen anere Cuten hunn dat Recht net! Mir maachen also elo an Zukunft eng Gläichbehandlung a schaffen d'Privilegie vun deenen enge vis-à-vis vun deenen aneren of.

Mä, an da kommen ech op dat, wat d'Madamm Adehm elo gefrot huet: Wann et Verschiddener hei am Raum ka berouegen, da kann ech d'Chamber elo schonn informéieren, dass et selbstverständlech ugeduecht ass, beim zukünftigen annonciéierte Gesetzesprojet, deen an enger zweeter Etapp sollt nokommen, d'Abolitioun vum Dekret vun 1806 selbstverständlech mat dem Dekret vun 1809 virzehuelen. Och dat geet aus der Konventioun kloer eraus, dass mer an engem zweete Schrëtt wäerten den Dekret vun 1809 ofschafen. An dann ass et och ugeduecht, selbstverständlech och do den Dekret vun 1806 ofzeschaffen.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Den Här...

► **Plusieurs voix**.- Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, jo, sorry, ech war ee Moment ofgelenkt. Här Roth!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Ech mengen, fir dass hei e Mëssverständnis aus dem Wee geraumt gëtt: Et war nullement d'Intentioun, wéi dat wollt en insinuant ënnerstallt ginn, dass hei eng Relioun géint déi aner sollt ausgespaart ginn. Dat Eenzezt, wou d'CSV wollt drop hiweisen, dat war, dass et en handwierkleche Feeler - an ech mengen, de Minister muss dat och zouginn -, dass et en handwierkleche Feeler war, dass een an dësem Gesetzesprojet och den Dekret vun 1806, déi Dispositioun, déi do nach drasteet, dass een déi gestrach hätt (veuillez lire: dass een déi net gestrach huet).

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech hu weder eppes ënnerstallt nach eppes insinuéiert nach ginn ech hei en handwierkleche Feeler zou. Ech sinn och iwwerrascht, dass d'CSV elo mat där doter Thees kënnt. Firwat dass se dat dann net an der Chamberskommissi-

oun opgeworf huet, dat ass schonn erstaunlech.

### (Interruption)

Mä ech soen lech et elo nach eng Kéier, fir dass et lech da berouegt: Et ass ganz kloer, dass an deem Gesetzesprojet, deen nokënt an deen den Dekret vun 1809 wäert ofschafen, och den Dekret vun 1806 wäert ofgeschaaft ginn an dass mer domadder zu enger absolutter Gläichbehandlung wäerte kommen! An nach eng Kéier: Den Dekret vun 1806 gëtt net ugewannt, steet am Rapport vun den Experten. Et ass och nëmme eng Kierch, déi a Fro kënnt. An do ass d'Madamm Polfer hei, fir dat ze bestätegen: Déi hunn och ni en Ausgleich vun iergendeppes gefrot, well et och net kloer formuliert ass; dat kënnt nach derbäi.

Gutt, nach eng Kéier, ech mengen, mir hätten...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Entschëllegt, Här Minister,...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...ech ginn eng leschte Kéier nach der Madamm Adehm d'Wuert, an da géif ech bieden, de Minister ausschwätzen ze loosse. Wann dann nach eng...

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Ech hunn eng Präzisioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, ech hat fir d'Éischt d'Wuertmeldung vun der Madamm Adehm, an dann Dir, an da maache mer zou an da loosse mer den Här Minister ausschwätzen, wann ech gelift!

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Also, ech wollt just soen, dass mir dat doten och an der Chamberskommissioun ugeschwat haten. Et ass net, wéi wa mir dat doten elo eréischt entdeckt hätten! Dat dote wousste mir scho méi laang an dat war och e Sujet an der Chamberskommissioun.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Gutt. Ech probéieren also nach eng Kéier, dorop zrëckzekommen, éier ech dem Här Wiseler...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Madamm...

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- ...éier ech... Pardon!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Madamm Polfer!

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Ech wollt just soen, dass den Här Minister recht huet, wann e seet, dass d'Protestanten net fir en Defizit virgesprach hunn. Mä ech wëlt awer gradesou kloer soen, dass an där Kannbestëmmung, déi d'Gemeengen hunn, fir kënnen ze intervenéieren, d'Stad Lëtzebuerg dat gemaach huet, andeem dat mir fir en Haus, wat de Protestante gehéiert, do d'Käschte vun der Renovatioun gedroen hunn, an dat fir iwwer 500.000 Euro.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Jo.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Dat war am Joer 2008.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Wat awer näischt mam Dekret vun 1806 ze dinn huet! A wat, wéi d'Madamm Polfer et richtig seet, natierlech an der fräier Interpretatiounsfäegkeet vun de Gemengen an der Gemengenautonomie läit.

Gutt. Fir awer elo nach eng Kéier d'Fro kloerzestellen: Handwierklech Feeler hin oder hier, déi ech hei bestreiden, wëll ech awer elo nach Kéier ganz kloer soen, et ass ugeduecht nom Prinzip „eent nom aneren, alles zu senger Zäit“, wa mer bei d'Ofschaffung vum Dekret vun 1809 kommen, wat mer nach ëmmer fermement virhunn, da wäerte mer selbstverständlech och den Dekret vun 1806 ofschafen. An domadder sinn, mengen ech, all déi Diskussiounen dann och vum Dësch an dat misst am Sënn vu jiddwerengem heibanne sinn.

### (Interruption)

Vläicht nach e Wuert zu deem, wat den Här Wiseler gefrot huet, firwat dass nach ni een eng Antwort drop kritt hätt, firwat dass iwwerhaupt an zwou Etappe géif virgaange ginn. Ma ech kann lech soen, dass dat ganz kloer eng Demande vun der kathoulescher Kierch war, well se gäre gehat hätt,...

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Ooh!

### (Interruption)

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- ...well se gär, och wann Dir... Här Spautz, Här Spautz! Här Spautz, firwat? Ma well et ganz kloer eng Demande vun der kathoulescher Kierch war, fir an zwou Etappe virzegoen, well se soen, dass se net genuch Zäit hätten, fir all déi Detailer, déi mat deem zweete Schrëtt verbundene sinn, an där kuerzer Zäit ze realiséieren.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Jo, mä da misste se awer an der éischter Etapp wëssen, wat an der zweeter Etapp kënnt. Dat wär awer och sous-entendu an normal gewiescht.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Selbstverständlech wësse se dat.

### (Interruption)

Här Wiseler, ech gi jo dovun aus...

### (Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sou, Kolleginnen a Kollegeen, wann ech gelift, elo loosse mer de Minister ausschwätzen! A wann herno nach een eppes ze soen huet, kritt en d'Wuert. Mir si bis elo ganz gutt duerch déi Diskussioun komm, da solle mer och do derbäi bleiwen. Här Minister, Dir hutt d'Wuert an Dir ganz eleng!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech géif vläicht ganz gäre preziséieren, dass och an deenen Diskussiounen, déi mer elo hunn iwwert deenen zweete Schrëtt mat der kathoulescher Kierch, den Zäitfaktor e ganz wichtege ass, dass se eis erkläert hunn, dass, wa se sech wëllen organisatiounell opstellen, fir all dat ze realiséieren, zu deem se sech och an der Konventioun verpflichtet hunn, se duerfir eng gewësen Zäit bräichten. Dat ass och en Argument, wat ee muss seriö huelen, an duerfir maache mer jo och ee Schrëtt nom aneren.

Gutt, elo hutt Der eng Erklärung, Här Wiseler, an ech hoffen, dass déi lech zumindest deelweis konnt zefriddestellen.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Awer just deelweis, hein!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Dat ass alt schonn e Schrëtt.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- E ganz, ganz, ganz klengen Deel.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Och dat ass e Schrëtt no vir.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Well do bleift awer nach vill op!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Och dat ass e Schrëtt no vir.

### (Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sou, Här Minister, d'Zäit leeft lech fort.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech ginn lech e bësse Kompensatioun.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Jo, also, Här President, ech mengen, et muss een awer kënnen eng Rei Saachen... Oder ech schwätze méi séier. Mä dovun hutt Der allequerten net vill.

### (Interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, ech si Wuess an den Hänn vun der Chamber. Wann d'Chamber bereet ass, méi Zäit ze ginn,...

► **Plusieurs voix**.- Jo, jo, jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ...da maache mir dat esou.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Vläicht nach trotzdeem och ee Wuert, an dat ass virdru schonn hei ugeklongen, zu de Paschtoueschwunnengen. Frot emol d'Paschtéier selwer, wat se vun där doter Bestëmmung halen! Eng ganz Rei vun hinne si frou, wann dat doten ofgeschaaft gëtt. Da komme se nämlech net méi an déi ganz penibel Polemik, déi do ronderëm gefouert gëtt, a se gi vun enger Laascht befreit. An ech mengen, déi meescht sinn och bereet, e verstännege Loyer vis-à-vis vun enger Gemeng oder um Privatmarché ze bezuelen. An déi Paien, déi se hunn, dat wëll ech soen, erlaben hinnen dat och ouni Problem.

Ech wëll nach e Wuert och zu der Konventioun tëschen Stat a Kierch soen, well och dat jo hei e grousst Thema war. Ech wëll kloer soen, dass et net an eiser Intentioun louch, der Chamber dës Konventioun virzëenthalen. Dat ass jo och net geschitt. D'Chamber ass schonn de 26. Januar, wann ech den Datum richteg am Kapp hunn, iwwert den Inhalt vun deene Konventiounen opgekläert ginn. Si sinn also kengeswees geheim oder an iergendenger Aart der Chamber virenthale ginn. Dat nämlech ass et och fir de Statsrot...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Just, dass mer an der Chamber iwwer aner Konventiounen awer gestëmmt hunn, wéi déi, déi elo ënnerschriwwen gi sinn.





► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, da kréien ech zéng Minutten!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, jo. Also Här Wiseler, Dir waart bis elo disziplinéiert, hutt schéin...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Et ass awer schwiereg.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, mä et war vläicht deenen engen oder aneren och schwéier, wéi Dir geschwat hutt. Also...

(*Hilarité*)

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, Dir hutt...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Gutt. Sou, Här Minister, loosst Iech elo net méi be-iren! Gitt derduerch!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech géif also soen, dass déi Konventioun kenges-wees der Chamber virenthale gouf. Dat näm-lecht géllt selbstverständlech och fir de Statsrot. Ech wëll hei betounen, dass mer an engem Ge-setzesprojet sinn, Dir wësst alleguerten, wéi grouss en ass, e geet op eng Säit, eng Véierelssäit, dass de Statsrot siwe Méint ge-braucht huet, bis e säin Avis ginn huet. Dat huet seng Erklärungen. Ech mengen, deen Avis ass hei och ganz oft zitéiert ginn. En ass, mengen ech, an den Detail gaangen a verschid-dene Saachen.

Mä wann de Statsrot selbstverständlech, wéi en dat oft mécht, wann een Dokument em feelt, gefrot hätt, dann hätt e selbstverständlech och déi Konventioun offiziell kritt, wuel wëssend, dass ee se och ka vum Internet eroflueden.

Et ass also kee Geheimnis, wat an där Konven-tioun steet. An ech soen et nach eng Kéier: Dee wierklechen Objet vun der Konventioun, d'Es-senz vun der Konventioun, nämlech d'Tren-nung vun de Propriétéiten, wou mer ganz kloer feststellen, wien ass herno Propriétaire vu wéi engem Gebai, mat der Kohärenz, mat dem no-folgenden Implicite geduecht, dass dann deen, dee Propriétaire ass, och muss fir den Ennerhalt vun deem Gebai opkommen, déi Essenz, an dat wësst Der alleguerten, déi behandle mer net haut. An duerfir ass déi Konventioun och nach net der Chamber pour approbation virge-luecht ginn.

Wat mer haut maachen, ass d'Ëmsetzung vun engem Deel vun der Konventioun, ni plus an ni moins. An ech wëll dat och hei ganz kloer soen, wat ech och schonn an der Kommissioun gesot hunn: Et ass evident, wa mer an deen zweete Schrëtt kommen, wou et ëm d'Essenz vun der Konventioun geet, dass dann och déi Konventioun der Chamber zur Approbatioun wäert virgeluecht ginn. Gitt eis also do déi Zäit, déi den Dossier muss hunn! Mir wëllen hei näischt iwwert de Knéi brieche. Eise Partner ass nach wie vor d'kathoulesch Kierch, de Bis-tum, a mir probéieren och, op hir Ufuorderun-gen an op hir Wënsch, esou wäit wéi dat méig-lech ass, anzegoen.

An dann nach eppes zur Konventioun: D'Regie-rung hätt déi Konventioun iwwerhaapt net ge-braucht, fir éischters déi zwou Dispositione vum Dekret vun 1809 hei ofzeänneren, a si hätt se och net gebraucht, fir den Dekret tout simplement ofzeschaffen. Och dat wësst Der alleguerten, déi Der heibanne sëtzt.

Mir hunn, wéi gesot, déi Konventioun ge-maach, well mer der Meenung sinn, dass mer der Motioun vum Parlament vun 2011, déi ech virdrun ugeschwat hunn, sollte Respekt zollen. A well mer och gemengt hunn, dass et néideg wier, wa mer wëllen esou e wäitgeeënde Schrëtt awer maachen an de Relationen tës-chent Gemengen a Kierch, dass et richtig wier, fir mat der kathoulescher Kierch en Arran-gement ze fannen an eng déif gräifend Konsul-tatioun ze maachen.

(*Interruption*)

Ech wëll kuerz eppes zu deem soen, wat hei zum SYFEL gesot ginn ass, a kuerz erklären, fir-wat ech keng offiziell - an ech betounen: keng offiziell - Entrevue mam SYFEL hat, well ech souz mat de Leit vum SYFEL zesummen am Ka-der vun den Assisé vun der kathoulescher Kierch. Fir mech ass et, an do bleiwen ech och bei menger Meenung, ganz kloer, dass den Dekret vun 1824 en Zesummeschloss vun de Kierchefabricken an där Form, wéi de SYFEL dat gemaach huet, net erméiglecht.

Ech sinn awer der Meenung, mam SYFEL iwwregens, dass et selbstverständlech dat gutt Recht ass vun alle Leit, déi an iergendwelche Kierchefabricken aktiv sinn, sech an enger Vereenegung zesummenzefannen, déi d'Inté-

rête vun de Kierchefabricke verdeedegt. Dat ass hiert gutt Recht.

(*Interruption*)

Dat hu se awer net gemaach. Si hu kee legale Kader fir dat, wat se maachen.

Ech sinn och der Meenung, dass een net kann einfach Établissement-publicken aus fräie Sté-cker unifiéieren, an och dee Parallelismus, deen zum Syvicol vum SYFEL aus gemaach ginn ass, ass total falsch, well de Syvicol fir seng Reunifi-katioun vun alle Gemengen eng gesetzlech Grondlag huet, dat ass d'Gemengesyndikatsge-setz, an déi gesetzlech Grondlag, déi gëtt et fir de SYFEL net!

Dat erkläert also, firwat dass ech se net offiziell empfänken, mä selbstverständlech dat, wat se schreiwen, dat, wat se soen an eis Iwwer-leeunge mat erabezéien, ëmsou méi, well se jo och Verrieder vun der kathoulescher Kierch sinn. Si sinn eng Kreatioun - och wa se dat haut ofstreiden, well se am Konflikt mat hirem Bis-tum sinn - vun der kathoulescher Kierch a se ginn deementspriedend och gehéiert.

Dann hat d'Madamm Adehm - an erlaabt mer dat nach vläicht, Här President, da kann ech konkret op dat agoen, wat déi eenzel Depu-téiert hei gesot haten - e Problem domadder, dass d'Kierchefabricken eventuell misste fir den Defizit vun de Kierchefabricken opkommen, déi hinnen herno (veuillez lire: wou d'Kierchen hin-nen herno) net méi géife gehéieren.

Emol ofgesinn dovunner, Madamm Adehm, dass Der kee Problem domadder hutt, dass elo scho während 200 Joer d'Gemege mussen op-komme fir Kierchen, déi hinne mat Sécherheet net gehéieren, géif ech da soen: Mä dat ass jo genau den Objet vun deem zweete Schrëtt, dee mer wëlle maachen! Mir wëlle ganz kloer eng Trennung maachen: Wien ass Propriétaire vun engem Gebai? Entweder d'Gemeng; dann ass et och kloer, dass d'Gemeng muss fir den Ennerhalt opkommen. Oder eben d'Kierchefa-brik oder de Fong an deem Fall, deen ass da Propriétaire an da kennt en och fir den Enner-halt op.

Genau dat, wat Der hei insinuéiert hutt, wëlle mer maachen, soudass ech gudder Hoffnung sinn, dass, wann Der och net kennt haut deen éischte Schrëtt matstëmmen, zumindest bei deem zweete Schrëtt, dee mer wëlle maachen, zesumme mat de Kierchefabricken, zesumme mat de Gemengen, dass Der kennt mat eis op de Wee goen, fir dee Projet dann och hei ze stëmmen.

(*Interruptions*)

Ech stelle fest, dass d'kathoulesch Kierch (veu-il-lez lire: d'CSV), wann ech gesinn, wéi se dann deen Accord kritiséiert, deen tëschent der Regierung an der Kierch getraff ginn ass, da stellen ech fest, dass d'CSV anscheinend méi kathoulesch ass wéi d'kathoulesch Kierch!

(*Brouhaha*)

Dir stellt hei a Fro, wat vun zwee Partner ofge-maach ginn ass!

Et ass gesot ginn, mir hätten net mat de Pasch-téier geschwat. Ech mengen, dass deen, deen d'Intérête vun de Paschtéier an där ganzer Dis-kussioun ze verrieden hat, dass dat de Bistum war! An ech ginn dovun aus, dass de Bistum déi Diskussioun mat senge Paschtéier och gefouert huet. Jiddefalls ass dat, Madamm Adehm, net main Job!

Dann hutt Der vun Toleranz geschwat. Déi To-leranz, Madamm Adehm, vun där Der ge-schwat hutt, déi huet vläicht och eppes do-madder ze din, dass een dat, wat aner Leit a Gesprécher, a laangwieriige Gesprécher, an zwar a frëndschafftliche, haarden, awer frënd-schaftliche Gesprécher, a Verhandlungen also tëschent der Regierung an dem Bistum fest-gehalen hunn, ouni dass et zum Sträit komm ass, ouni dass et zum Kulturkampf komm ass - dee sinn aner Leit am Moment amgaangen ze insinuéieren, dat war net d'Regierung an dat war och net d'kathoulesch Kierch! -, dass een dat och einfach emol akzeptéiert.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir wëssen awer och, a wat fir enge Konditiounen déi Ver-handlungen zum Deel gelaf sinn!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här Wiseler, dass een dat einfach emol akzeptéiert, och...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Virum Referen-dum a fir eng véiert Fro erauszehuelen, Här Kersch!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- ... wann een an der Oppositioun ass an doduerjer selwer déi Verhandlungen net konnt féieren!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, ech géif Iech bieten, elo zur Kon-klusioun ze kommen.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Och dat ass...

Jo, ech si souwäit fäerdeg. Ech wollt just dem Här Gibéryen..., wann Der erlaabt, soss kann ech deem net äntwerten. Dann äntwerten ech deem no der Sitzung.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, dann am beschten hätt Der, wann Der Iech un d'Chamber géift adresséieren.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Dat probéieren ech dann elo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här President, ech wollt da soen, dass och dat en Zeeche vun Toleranz gewiescht wär vis-à-vis vun deem fréiere Bundeskanzler, deen hei zi-téiert gi war an dee sech net konnt wieren. Dat hat deem och zur Eier gereecht. Wann Der déi Toleranz bewisen hätt, fir zumindest dat, wat do tëschent zwee Partner fair ofgemaach ginn ass, fir dat och emol ze akzeptéieren!

Hei ass nach vu Vertragsbroch geschwat ginn. Ech wëll ganz kloer... Ech hunn nach fir zwou Minutten, et ass mer egal, wann Der net... Här President, sot mir!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Chamber?

(*Brouhaha*)

► **Une voix**.- Den Här Gibéryen huet Recht op eng Äntwert.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Här Gibéryen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sidd Der d'accord, fir...

(*Exclamations*)

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Ech halen net drop, hein!

(*Interruptions diverses*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Okay. Dann, Här Minister!

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur*.- Et ass vu Vertragsbroch geschwat ginn, well mer an zwou Etappe virginn. Ech wëll ganz kloer hei soen, dass et e Vertragsbroch gewiescht wär, wa mer dat net gemaach hätten. Well och, an ech zitéieren, de véierten Abschnitt vum Artikel 1 seet ganz kloer, dass den Dekret géif kuerzfristeg..., also dat hei, wat mer haut maachen, géif kuerzfristeg gemaach ginn, an dat anert zäitversat. Also wäre mer vertragsbré-cheg gewiescht, wa mer eis net un deen Zäit-plang gehalen hätten.

D'„Gambia“, ass hei virdu gesot ginn; ech sinn hei der Meenung, dass d'Gambia eppes opbaut, iwwregens am Partenariat mam Bistum, wat fir d'Kierch eng Chance a fir d'Ge-sellschaft eng Emanzipatioun bedeit. A wann, Här Gibéryen, vu fréiere Generatioune ge-schwat ginn ass, da wëll ech emol vläicht vun deenen zukünftege Generatioune schwätzen. An erlaabt mer nach vläicht just déi Bemier-kung: Ech sinn iwwerzeegt, dass déi zukünfteg Generatioune frou wäerte sinn iwwert dat, wat mer haut wäerte maachen, dat als eng Selbst-verständlecheit wäerten ugesinn a sech froen, firwat dass mer 200 Joer gebraucht hunn, fir dese Schrëtt ze maachen!

Ech géif Iech invitéieren, Äre Courage an de Grapp ze huelen an de Schrëtt zesumme mat eis an d'21. Jorhonnert ze woen.

Merci!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Parole après mi-nistre!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här Pre-sident. Ganz kuerz. Vu datt den Här Minister esou gentil war, mer ze äntwerten, wëll ech dat awer preziséieren: Wann ech hei soen, datt d'Re-gierung e Vertragsbroch gemaach huet, da blei-wen ech derbäi. A wann de Minister da kennt an e seet, an deem Vertrag géif stoen, datt dat, wat mer haut maachen, géif virgezu ginn, dann ass dat richtig! Mä dat setzt awer viraus, datt de Vertrag emol fir d'Éischt a Kraaft trëtt!

► **Une voix**.- Voilà!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat setzt viraus, datt de Vertrag a Kraaft trëtt! An dat ass net de Fall! Dir zitt ee Punkt, ouni datt de Vertrag a Kraaft ass, eraus an da setzt Der deen haut ëm. Et ass also falsch, wat de Minister gesot huet, an ech hu recht!

(*Hilarité générale et interruptions diverses*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech gesinn, dass keng weider Wuertmeldung do ass, an da waarden ech net ze laang, well soss kennt nach eng.

(*Hilarité*)

Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6824 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6824 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6824 ass mat 34 Jo-Stëmmen, bei 26 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens...

(*Interruptions diverses*)

► **Plusieurs voix**.- Neen!

► **Plusieurs voix**.- Jo, Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, da musse mer ofstëmmen.

(*Brouhaha général*)

Da stëmme mer dës Kéier iwwert d'Dispens vum zweete Vott of.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Här President, op Basis vun deem, wat mer an der Motioun (veuillez lire: Resolutioun) gefrot hunn...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wat gelift?

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Op Basis vun deem, wat mer an der Resolutioun gefrot hunn,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, et ass absolutt richtig.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...si mer net bereet, d'Dispens einfach esou ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Wiseler, et ass absolutt legitim, dass gefrot gëtt, dass mer doriwwer ofstëmmen. Mir géi-fen dann och doriwwer ofstëmmen, wann de Vott lancéiert ass.

**Vote sur la dispense du second vote consti-tutionnel**

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Widderhuel Är Fro nach eng Kéier, Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, wien domat d'accord ass, dass de Projet d'Dis-pens vum zweete Vott kritt, stëmmt mat Jo. Wien dergéint ass, stëmmt mat Neen. Also wien d'Dispens net wëllt ginn, stëmmt mat Neen. War dat kloer?

► **Plusieurs voix**.- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Très bien! Da géife mer ofstëmmen. De Vott ass lan-céiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass... Huet jiddwereen ofgestëmmt?

► **Plusieurs voix**.- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Gutt. 60 Participatiounen um Vott: 34-mol Jo fir d'Dispens a 26-mol Neen. Domat wär d'Dis-pens vum zweete Vott majoritär accordéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée





Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Marcel Oberweis) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

### Résolution 1 (Interruptions)

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- D'Resolutioun ass, mengen ech, net mat do dran.

► **Une voix.**- Jo, jo, mä et ass mat ofgestëmmt.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et hätt ee mis-sen d'Resolutioun fir d'Éischt ofstëmmen!

► **Une autre voix.**- Si ass superfétatoire!

### (Interruptions diverses)

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- ...e Vott hei driwwer. Si ass explizéiert ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, ech mengen, si ass explizéiert ginn. Also wann een d'Invitte liest: «à renvoyer le projet de loi au Conseil d'État».

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Dat ass virum Vott ofzestëmmen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, mä fir all Onkloerheet aus dem Wee ze goen, Här Bodry, géife mer... Jo?

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Ech wollt e Wuert zum Fong vläicht soen, fir Stellung ze huelen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...well et ass jo awer en eemolege Virgang, muss ech hei soen, wat hei vun der CSV zu dësem Projet probéiert gëtt. Et weist, dass se alles probéiert, fir ze verhënneren, dass dat Gesetz hei kann en vigueur trëppelen.

Dir wësst alleguerten, dass de Statsrot vum Gesetz hier d'Obligatioun huet, d'Verfassungsméissegkeet vun allen Texter ze kucken. Hei gëtt eigentlech gesot: „Conseil d'État, Dir hutt Är Aarbecht net gemaach! Kuckt wann ech ge-lift d'Verfassungsméissegkeet vun engem Artikel!“ Dat ass, muss ech éierlech soen, e ganz ongewéinleche Virgang, e schreift sech an an déi Attacke vun de leschten Deeg géint d'Insti-tutioun vum Statsrot, déi ech an där doter Vi-gueur nach net erlieft hunn an déi mech eigentlech och erstaune vusäite vun der CSV!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- ...dass den ADR do matmécht!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Alles gesot. Mir géifen zum Vott iwwert d'Resolu-tioun iwwergoen.

### Vote sur la résolution 1

Déi, déi mat der Resolutioun d'accord sinn, stëmme mat Jo. Déi, déi net d'accord sinn, stëmme mat Neen.

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

26 Deputéierter hu fir d'Resolutioun gestëmmt, 34 géint d'Resolutioun. Domat ass d'Resolu-tioun majoritär ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Diane Adehm), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch) et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Alex Bodry), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Tess Burton), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

A mir ginn zum nächste Punkt, dem leschte Punkt vum Ordre de jour eriwwer. Dat ass de Projet de loi 6910, deen eng Rei vun Ofänne-rungen oder Adaptatiounen bei der Reform vun der Fonction publique virgesäit. D'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Yves Cruchten. An ech hu mer soe gelooss, dass nom Rapport keng Wuertmeldunge géife kom-men, fir dat direkt prezis ze maachen. Do ge-säit also de Rapporteur, wat fir eng Verantwor-tung op senge Schëllere laascht!

► **Une voix.**- Très bien!

### 10. 6910 - Projet de loi modifiant:

- la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Di-rection de la santé;

- la loi modifiée du 3 août 1998 insti-tuant des régimes de pension spé-ciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société natio-

nale des Chemins de Fer luxembour-geois;

- la loi modifiée du 31 mai 1999 por-tant création d'un corps de police grand-ducale et d'une inspection gé-nérale de la police;

- la loi du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transi-toire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société natio-nale des Chemins de Fer luxembour-geois;

- la loi du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des em-ployés de l'État;

- la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avance-ment des fonctionnaires de l'État

### Rapport de la Commission de la Foncion publique et de la Réforme administrative

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. An ech wollt am Fong elo hei déi zwou Minutten, déi mer dem Här Mi-nister virdru geschenkt haten als Chamber, erëm eranhuelen, andeems ech mäi Rapport och géif ganz kuerz maachen, op dat Wesent-lecht beschränken. Well et ass effektiv, wéi Der gesot hutt: Et besteet eng breet Zoustëmmung zu deem Projet de loi hei. Mir haten net laang missen doriwwer streiden an der Kommissioun. Mir hunn de Projet de 4. Februar presentéiert kritt, zesumme mam Avis vum Statsrot, an den 18. Februar hu mer e schonn unanime an der Kommissioun ugehall.

Ëm wat geet et hei? Dat wëll ech awer eng kéier ganz kuerz soen.

Mir hunn, wéi Der wësst, zejoert am Mäerz dee grouse Pak vun der Reform an der Foncion publique gestëmmt a mir hunn, nodeems d'Re-form a Kraaft getrueden ass am Oktober, ge-mierkt, dass nach eng Partie kleng Feeler, tex-tuell Feeler, Erreur-matériellen, Inkohärenzen an deenen Texter waren. Dat ass eis dunn op-gefall. Dat hei ass elo e Gesamtpak, wou mer eng Partie vun deenen Inkohärenzen a Feeler erëm wëlle redresséieren.

Do dernieft wëlle mer och nach eng Ännerung maachen, nämlech wëlle mer, dass d'Pen-siounskommissioun an Zukunft net méi öffent-lech taagt, well awer do eng Partie perséinlech Detailer vun de Leit beschwat ginn, gesond-heetlecher Natur. Do hu mer gemengt, et wier besser, dat an Zukunft net méi en audience pu-blique ze maachen. Dat ass eng vun den Änne-rungen.

An da wëlle mer och kohärent ginn, andeems mer soen, mir hätte gären, dass d'Employéen, déi beim Stat schaffen - a mir hätten dat jo gär -, dass déi alleguerte sollten d'selwecht be-handelt gi wéi och d'Fonctionnaires. Dat hu mer fir d'Carrière gemaach. Mä dat musse mer awer och maachen, wat hir Astellungskritären ugeet. An dat wëlle mer alles mat deem heite Projet de loi maachen.

Ech soen lech am Viraus villmools Merci a wën-schen e schéinen Owend.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Vu dass keng Wuertmeldungen do sinn an ech do-vun ausginn, dass de Minister mat der Cham-ber d'accord ass, géif ech direkt zur Ofstëm-mung iwwert de Projet de loi iwwergoen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6910 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6910 ass mat 57 Jo-Stëmmen, also unanime, ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Serge Wilmes), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Alex Bodry), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Georges Engel), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam (par Mme Josée Lorsché), Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;


MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. An an öffentlecher Sëtzung gi mer eis Rendez-vous...

► **Plusieurs voix.**- D'Dispens!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Oh, villmools Merci! Jo, Dir hutt mer d'Dispens uge-bueden, also huelen ech se dankend un, soen lech Merci fir déi gutt an haart Aarbecht an dë-ser Woch a ginn lech Rendez-vous an öffentle-cher Sëtzung ab Dëschdeg, den 8. Mäerz. Merci villmools!

D'Sëtzung ass ofgeschloss. Kommt gutt heem!  
(Fin de la séance publique à 19.58 heures)



# Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vu 19:00 Auer un

d'Chamber online op

www.chd.lu